

... - d'accord, ech schwätzen dann och fir den Här Bodry mat - lech wollte bestëmmt net virwerfen, dass Der parlamentsfrëndlech wiert.

Ech wollt dem Här Frieden dofir nach eng Kéier rappeléiere wéi ech et gemengt hunn. Ech wollt dem Här Frieden soen, dass mir der Meenung sinn, well mer à ce stade keen neien Text musse stëmmen, fir dass Dir kënt an der Présidence all déi Sécherheetsaspekter respektéieren, hätte mer eis sollen Zäit loossen, fir an dësem Gesetz, an dëser Ëmsetzung all déi Froen ze beäntweren, déi nach opstinn. Dat wollte mer domadder soen an nâischt anescht.

An zu Ärer Ausso, déi elo nei ass hei am Plenum, dass Holland dat wäert relativ séier stëmmen, soen ech lech trotzdeem, dass, esouguer wa se et am Januar maachen, dann ass den Traité en vigueur op den 1. Abrëll fréistens an dann hutt Der fir de gréissten Deel vun der Présidence schonn net méi vill dovun.

Dofir nach eng Kéier, et wier net noutwendeg gewiescht dësen Text esou à la hâte mat all den oppene Froen ze stëmmen, fir dass Dir kënt während sechs Méint d'Sécherheet vun den Delegatiounen assuréieren.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech wollt awer just soen, datt et net ganz richtig ass wat den Här Braz elo gesot huet iwwert d'A-Kraaft-Trieden. Dee Facteur A-Kraaft-Triede vun deem Traité, do wëll ech just hei nach eng Kéier soen, och wa mer gewaart hätte bis de Januar oder de Februar fir dësen Traité hei zur Ofstëmmung ze bréngen, deem Traité ass négociéiert tëschent dräi Länner. Wann also dëst Parlament decidéiert hätt mir géngen dat am Februar stëmmen, da wier deem Traité a genau där nämlecher Form an dëst Parlament komm, well dat d'Resultat ass vun Négociatiounen tëschent dräi Länner an dofir hätt dat op der Zäitschinn nâischt geännert.

Ech sinn trotzdeem ganz dankbar an ech wëll och ausdrëcklech mäi Merci un de Rapporteur, den Här Santer, soen an un d'Membere vun der Commissioun juridique. Et ass trotzdeem, mengen ech, méi eng grouss Rechtssécherheet, wa mer virum 1. Januar dësen Traité hei stëmmen, an duerfir, ech hunn e bësse gedréckt datt deem Traité soll nach dëst Joer hei zur Ofstëmmung kommen an ech apprécieieren déi Ënnerstützung, déi d'Parlament mer, wat de Kalenner ubelaangt, ginn huet, well mir bedauren oft, datt mer esou lues sinn an der Transposition vun europäeschen Texter. Elo hu mer et méi schnell gemaach. En ass am Juni ënnerschriwwen ginn. E war also och zum Juni bekannt, quitte datt mer en eréischt am November déposéiert hunn. Ech sinn also ganz dankbar dem Parlament, datt et och bereet ass, wann eppes Europäesches méi urgent ass, fir dat dann och schnell ze maachen. Dofir och e Merci vun der Regierung fir dee Punkt.

■ **Une voix.** - Dir bestätegt eis domat.

■ **M. le Président.** - Domat ass d'Diskussioun elo definitiv ofgeschloss. Ech mengen d'Positione sinn de part et d'autre bekannt. Ech wëllt nach eng Kéier d'rapport hiweisen, datt d'Chamber zum Schluss vun hirer Sitzung vun haut de Mëttag iwwert all Projeten ofstëmmt, déi mer am Laf vum Dag diskutéieren.

Mir kommen elo zum nächste Projekt, deem op eise Ordre du jour steet. Dat ass de Projet de loi 5391 iwwert d'TVAs-Gesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Meisch, Negri, Bausch a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nobert Hauptert.

## 2. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeinnen a Kollegen, de Projet 5391 gesäit d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung vir. Ech wëll direkt virausschécken, datt et sech hei wierklech ëm en urgente Projekt handelt, well déi Ëmsetzung fir den 1. Januar 2005 soll geschéien. Déi Direktiv ass am Fong geholl geholl ginn am Laf vun der Libéralisation vun de Mäert vum Stroum a vum Gas, wuelverstanen de Gas, deem iwwert d'Ferngasnetz geliewert gëtt, also net de Gas, deem als Butangas an de Bonbonné verkaaft gëtt.

D'Zil vun der Direktiv ass eng Harmoniséierung an den europäesche Länner erbäizeféieren, wat d'Erhiewung vun der TVA bei dem Verkauf a bei dem Transport vun dem Stroum a vun dem Gas betrëfft. Déi Harmoniséierung ass wichteg, engersäits fir d'Duebelbesteuerung vun dem Verkauf vum Stroum a vum Gas ze verhënneren, awer och op där anerer Säit fir d'Netbesteuerung vun deenen zwee Produkter ze éviéieren a fir domadder eng Wettbewerbsverzerrung tëschent deene Betriber aus deene verschiddene Länner vun der EU ze verhënneren.

Bis elo war am Fong geholl esou eng Harmoniséierung net noutwendeg, well déi meescht Länner hir eege Besoinen u Gas an en Elektresch an hirem eegene Land produzéiert hunn. Et wat meeschtens eng national Gesellschaft, déi dann och de Verkauf an hirem Land assuréiert huet. Also grenziwwerschreidend Bewegung vun deene Produkter ware bis elo net do, mat Ausnahm vum Lëtzebuerger Land, an do ass all Kéiers eng Léisung fonnt ginn, wat d'Erhiewung an d'Bezuele vun der TVA ubelaangt.

Déi Direktiv gesäit am Fong geholl dräi grouss Prinzipie vir. Den éischte Prinzip ass deen: Wéi gëtt de Verkauf selwer vun deenen zwee Produkter besteiert? Also, wéi gëtt d'TVA erhuewen a verrechent? Zweetens, wéi d'TVA op dem Transport vun deenen zwee Produkter errechent gëtt. Den drëtten Prinzip ass deen, fir den Import vun dem Gas a vum Stroum an d'Europäesch Unioen vun der TVA ze enthiewen.

Beim éischte Prinzip, deen d'Liwwerung selwer an de Verkauf vum Gas a vun dem Elektreschen ubelaangt, gesäit d'Direktiv zwee Fäll vir. Den éischte Fall ass deen, wou d'Liwwerung un en Tëschenhändler geet, also net direkt un de Konsument. Do gesäit d'Direktiv vir, dass d'TVA an deem Land erhuewe gëtt, wou deen Tëschenhändler säi Wunnsätz, säin Etablissement, de Siège vu senger Gesellschaft respektiv en Etablissement stable huet. Déi zweet Méiglechkeet ass, wann d'Livraisoun un den Ennverbraucher geet. Dee Moment gëtt d'TVA an deem Land erhuewen an och deem Saz, deen dat Land applizéiert, wou dee Consommateur final säi Wunnsätz huet. Souwäit dat, wat d'TVA beim Verkauf vun dem Stroum a vun dem Gas ubelaangt.

Dann, fir dass de Gas oder de Stroum iwwerhaupt kënnen geliewert ginn, mussen se jo iwwert d'Stroumnetz respektiv iwwert de Gasoduc geliewert ginn. Dat ass och eng Prestation de service. Déi ënnerläit also och der TVA an do gesäit d'Direktiv Folgendes vir: Éischtens, wann erëm eng Kéier de Stroum bei en Tëschenhändler transportéiert gëtt, da gëtt d'TVA op den Transport och an deem Land verrechent, wou den Tëschenhändler säi Wunnsätz huet.

Dat heescht, wann elo déi franséisch Gesellschaft, d'EDF, géng engem Belsch, deen am Fong geholl an Europa wëll Stroum verkaufen, liwweren, an dee Stroum géng iwwert d'Netz vun der Cegedel hei transitéieren, da gëtt hei zu Lëtzebuerg keng TVA erhuewen. De Gas transitéiert da jo och iwwert d'Netz vun der EDF, mä da géng am Fong geholl nëmmen TVA an der Belsch erhuewe ginn, egal wou de Belsch herno säi Stroum verkeeft, ob dat an der Schwäiz oder an Holland oder an Däitschland de Fall ass.

Den zweete Fall, dee sech presentéiert, dat ass wann direkt de Consommateur säi Stroum beziit. Meeschtens sinn dat jo grouss Firmen, grouss Entreprisen. Wann eng grouss Entreprise an Däitschland de Stroum vun EDF geliewert kritt an deen transitéiert iwwer Lëtzebuerg, da gëtt déi Prestatioun, déi d'Cegedel an deem Transport do hei begleet, da gëtt déi Transactioun an Däitschland besteiert an net hei zu Lëtzebuerg oder a Frankräich - dat heescht déi Prestation de service, wat den Transport ubelaangt.

Den drëtten Prinzip, ech hunn et scho gesot, dat ass dass d'Importer an d'Europäesch Unioen vum Gas a vun dem Elektresch fräi vun der TVA sinn. Ech hunn am Ufank betount, datt déi Direktiv eng Harmoniséierung vun der Besteuerung vun deenen zwee Produkter soll mat sech bréngen. Si soll awer och erlaben, dass am Fong geholl, vu dass jo meeschtens d'TVA am Land vum Ennconsommateur erhuewe gëtt, de Fournisseur oder de Producteur vun dem Gas oder vun dem Elektresch sech net an deenen anere Länner ze etabléieren brauch, wou e Gas respektiv Elektresch liwwert, fir do dann herno mussen déi TVA ze bezuelen. Voilà!

De Projet ass relativ spéit deponéiert ginn. Dat bemängelt och de Statsrot. De Statsrot selwer an och d'Chamber hunn awer relativ séier geschafft, fir datt mer wierklech déi Direktiv fir den 1. Januar kënnen ëmsetzen. Sämtlech Chambres professionnelles, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre du Travail, d'Chambre des Employés privés an d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics hunn hiren Avis zu dësem Projet ofginn. A sämtlech Avisen, esou wéi deen och vum Statsrot, ware positiv zu dësem Projet. D'Kommissioun huet den 9. Dezember de Rapport unanime ugeholl. D'Kommissioun schléit lech och vir den Text esou wéi e virläit hei unzehuelen, an ech bréngen och domadder den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteeren.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Hauptert. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **M. Henri Grethen (DP).** - Här President, verbonne mat de Félicitatiounen un de Rapporteur, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Negri ageschriwwen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, ech géif och den Accord vun eiser Fraktioun domadder bréngen.

■ **M. le Président.** - Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Bausch. Den Här Bausch huet d'Wuert. Den Här Bausch ass net do. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

■ **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Här President, am Numm vun eiser Fraktioun an am Numm vun Här Bausch wëll ech lech matdeelen, dass mir dëse Projekt och wäerte stëmmen.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, am Numm vun eiser Fraktioun an am Numm vun eise Fraktionschef wëll ech soen, datt mir dësem Projekt och eis Zoustëmmung ginn.

■ **M. le Président.** - Voilà, domadder ass d'Diskussioun vun dësem Projekt méi séier ofgeschloss wéi de Rapporteur, den honorabelen Här Hauptert, sech dat virgestallt hat.

Da komme mer direkt zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projekt de loi 5399 iwwert de gesetzleche Mindestloun. Och hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Kaes, Calmes, Castegnaro, d'Madame Loschetter an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projekt de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

## 3. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

■ **M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Kollegeinnen a Kollegen, déi lescht Upassung vun de Mindestléin un d'Lounentwécklung ass den 1. Januar 2003 erfollegt. D'Bemessungsgrundlag waren d'Léin aus de Joren 2000 an 2001. Den Ajustement war 3,5%. Profitéiert vun deem Ajustement hate 37.020 Persounen. Dovu waren et 19.160 Männer a 17.860 Fraen. Esou wéi beim Ajustement vu virdu waren et och 2003 méi Männer wéi Fraen.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, d'Gesetz gesäit vir, datt all zwee Joer d'Regierung dem Parlament e Bericht iwwert d'Lounentwécklung am öffentleche wéi am private Secteur virleee muss. Déi Entwécklung vun de Léin gëtt no enger festgesatener Method gerechent. Si ass festgeluecht duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1991 an ass erweidert ginn duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994. Ech ginn net op déi Methodologie an. Dir fannt dat am Rapport vun der Regierung. Den éischten Ajustement no där neier Method ass den 1. Januar 1995 a Kraaft getratt.

Geprüft gëtt ebenfalls déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Capacitéit hei zu Lëtzebuerg, an opgrond vun dësen Analyse kann - an ech betoune kann - dann d'Regierung dem Parlament vorschloen, d'Mindestléin un déi errechent Lounentwécklung unzepassen oder och net.

Dëse Bericht ass dem Parlament de 16. November 2004 mat engem Projekt de loi virgeluecht ginn. D'Bemessungsgrundlag waren d'Joren 2002 an 2003. Während dëse Jore sinn d'Léin hei zu Lëtzebuerg ëm 2% an d'Luucht gaangen. Ëm 2% also während deene Joren. Dat ass och ënner anerem d'Resultat vun enger moderater Lounpolitik, déi d'Sozialpartner sech operluecht hunn. D'wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg erlaabt ouni weideres, datt d'Mindestléin och ëm déi 2% erhéicht kënnen ginn. Deemzurfolleg proposéiert d'Regierung en Ajustement vun de Mindestléin ëm 2% ab dem 1. Januar 2005.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, niewent der Upassung vun de Mindestléin proposéiert d'Re-

gierung an hirem Projekt eng Ofännerung vum Artikel 45 vum Gesetz vum 12. September 2003 iwwert déi handicapéiert Persounen. Hei geet et ëm déi sou genannten Indemnité compensatoire zu Gonschte vun deenen, déi an Ateliers protégés schaffen.

Ouni elo an den Detail ze goen, kann ech just dat heiten ufügen zur Erklärung: Hei geet et drëm fir déi Leit, déi an den Ateliers protégés schaffen, duerch en Nettozuschlag an d'Situatioun ze versetzen, datt se net manner verdénge wéi virdu. Dat huet awer no deem Gesetz vun 2003 zu enger Rei vu Problemer gefouert, an et ass festgestallt ginn, datt deen Objektiv net ëmmer konnt realiséiert ginn.

Deemzurfolleg huet d'Regierung virgeschloen, an der Rumm vum Ajustement vun de Mindestléin deen Artikel 45 dohigehend ofzënnern, datt déi Indemnité compensatoire vun der Steuerlaascht soll entbonne ginn. Dat ass also de Géigestand vun deem Punkt, deen d'Regierung wollt, kombinéiert mat dem Ajustement vun de Mindestléin, ab 1. Januar 2005 duerchzéien. Et ass och Handlungsbedarf erfuerdert, well effektiv Leit an deenen Ateliers protégés - et sinn esou eng 300 bis 400 Leit - an enger Situatioun sinn, déi net deem entsprécht wat de Gesetzgeber 2003 wollt maachen.

De Statsrot seet a sengem Avis, datt en ongenügend Zäit hat, fir dës Problematik am Detail ze analyséieren, an dat ëmsou méi well eréischt den 3. Dezember, also virun e puer Deeg, nach Amendementer nogeschoss gi sinn, an zweetens vu kenger Beruffschamber een Avis virloech. Deemzurfolleg verlaangt de Statsrot, dësen Deel aus dem Projekt erauszehuelen, an e proposéiert der Regierung, e spezielle Projekt zu dësem Punkt auszuschaffen an op den Instanzewee ze ginn.

De Statsrot seet des Weideren, datt wann d'Chamber awer den Artikel 45 vum Gesetz vum 12. September 2003 ofännere géif an zesumme mam Mindestloun géif stëmmen, si, de Statsrot, da keng Dispens vum zweete Vote constitutionnel kéinte ginn. Dat hätt also zur Folleg, datt d'Mindestléin net géifen den 1. Januar ëm 2% gehéicht ginn.

Eis Kommissioun war der Meenung, dem Statsrot an deem Punkt Folleg ze leeschten. Mir proposéieren also nëmmen den Ajustement vun de Mindestléin haut ze stëmmen. Mir fuerderen awer d'Regierung op, ee spezielle Projekt de loi op den Instanzewee ze ginn, an dat esou schnell wéi méiglech. Zoustänneg ass dann de Familljeministère. An der Chamber ass et dann och d'Familljekommissioun.

Voilà, Här President, Kollegeinnen a Kollegen, dat zu deem Volet gesot, wëll ech awer op de Mindestloun zrëckkommen. Déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet de 17. November 2004 hire President als Rapporteur genannt an hat eng éischt Berodung iwwert de Gesetzesprojekt. De Statsrot huet säin Avis de 7. Dezember 2004 ofginn. Dësen Avis beinhaltet keng fundamental Bedenke géint déi virgeschloen Upassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung vun de Joren 2002 an 2003. De Statsrot bemierkt awer och, datt him bei senge Berodungen nach keen Avis vun enger Beruffschamber virloech.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, leider hat eis Kommissioun bei hirer Berodung vun dësem Rapport och keen Avis vun de Beruffschambere virleien. Mir hunn dat bedauert a richten een Appel un d'Regierung fir duerfir ze surgen, datt an Zukunft dee Projekt de loi méi fréi op den Instanzewee bruecht gëtt. Dat bedeit, datt d'Inspektioun méi fréi mat hire Berechnungen misst ufänken. Dat misst och machbar sinn, wa mer dovunner ausginn, datt den 1. Januar 2005 net d'Léin vun 2004 berechent ginn, mä eréischt déi vun



2003! Et misst also méiglech si méi fréi mat deene Berechnungen unzefänken, esou datt een och Zäit hätt an der Kommissioun, an och de Statsrot an d'Beruffschamberen Zäit hätten, fir sech méi am Detail mat där ganzer Problematik Mindestloun ausenaner ze setzen.

Mir hunn dat iwwregens scho virun zwee Joer an eiser Kommissioun beanstant an och schonn zwee Joer virdrun eng kéier. Also et ass op deem Gebitt nach nâischt erfollegt an nach eng kéier, am Numm vu menge Kolleeginnen a Kolleege aus der Kommissioun, en dréngenden Appel un d'Regierung fir alles drunzesetzen, fir datt dee Projet de loi net eréischt am November déposéiert gëtt an esou kee méi Zäit huet fir sech effektiv mat där ganzer Problematik Mindestléin seriö ausenaner ze setzen.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Schwätzt Der elo vun deene Laangjähregen?

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.**- Selbstverständlech hu mer eis mat enger Rei - an Dir hutt do matgehollé, Här Jaerling - vu Froen ausenaner gesat. Zum Beispill: Ass et ze veräntwerten, grad elo, wou e lichte wirtschaftlechen Opschwonk sech ofzeechent, de Mindestloun ze erhéijen? Wellech Auswierkungen huet d'Erhéijung vum Mindestloun op d'Kompetitivitéit vun eise Betriber, op d'Lounentwécklung, op d'Beschäftegung, also op den Aarbechtsmaart? Wat ass de Käschtépunkt vun där Uppassung? Op all déi Froe fannt Der eng Äntwert am Exposé des motifs, zu engem Deel wéinstens zum Projet, an och a mengem schrëftleche Rapport.

Erlaabt mer awer ganz kuerz heizou e puer zousätzlech Bemierkungen. Éischtens, mir kennen d'Zuel vun de Mindestlounempfänger net genau. D'Zuelen, op déi mer eis beruffen, sinn déi Persounen, déi bis zu 1,3-mol de Mindestloun verdéngen. A well mer wëssen, datt de qualifizéierte Mindestloun 1,2-mol de Mindestloun ass, stelle mer also fest, datt hei Leit matabezu ginn, déi och iwwert de qualifizéierte Mindestloun bezuelt ginn. Also kënnen mer net soen, déi Zuelen, déi mer elo uginn, dat sinn effektiv déi vun deene Leit, déi just nëmmen de Mindestloun verdéngen. Och do misst gekuckt gi fir méi genau Ënnerlagen ze kréien.

Zweetens, d'Auswierkunge vum Mindestloun op d'Beschäftegung. Do stellt ee fest, datt et kontradiktorsch Aussoe gëtt. D'Etüd vum Stattec zum Beispill vu virun zwee Joer seet, datt wann d'Erhéijung vum Mindestloun eng bestëmmte Relatioun zu der Produktivitéit hätt, et absolut guer kee Problem wier op d'Kompetitivitéit vun de Betriber. Jéngst Etüde soen de Contraire.

Da gëtt och a jéngsten Etüde gesot, d'Erhéijung vum Mindestloun hätt negativ Auswierkungen op d'Beschäftegung. Wat heescht dat? Ginn, wann de Mindestloun gehéicht gëtt, manner Leit agestallt? Verléiere Leit hir Plaz? Gi se entlooss, déi um Mindestloun leien? Alles dat si Froen, déi nach vill méi misste verfeinert ginn.

Eent stelle mer op alle Fall fest: D'Zuel vun de Mindestlounbezéier geet duerch d'Erhéijung vun de Mindestléin net erof, mä au contraire. Dës kéier stelle mer fest, datt ronn 9.000 méi Leit de Mindestloun verdénge wéi virun zwee Joer. Esou datt et wichteg wier, datt een effektiv méi genau Detaller do géif kréien.

Dann huet d'Fro sech gestallt: Kann ee mam Mindestloun liewen? Wat sinn d'Relatiounen mam Mindestloun op den RMG? All dat si Froen, déi misste méi genau ënnersicht ginn an déi missten och global diskutéiert ginn. Mir géifen also och d'Regierung opfuerderen, zesumme mat eisen zoustännege Kommissiounen duerfir ze suergen, datt een d'Geleeënheet kritt, eng kéier méi am Detail iwwert déi Froen ze diskutéieren.

Här President, ech kommen zum Schluss. Wa mer fir den 1. Januar 2005 d'Mindestléin ëm 2% unhiemen, da si mer konform mat enger Sozialpolitik, déi och deene Lounempfänger, déi net duerch ee Kollektivvertrag vun enger kontinuierlecher Lounpolitik profitéieren, e Plus vun Akommes garantéiert, alldéngs mat engem Retard vun zwee Joer.

D'Erhéijung vun de Mindestléin ass konform mat der Strategie vu Lissabon an der EU-Strategie zugonschte vum Emploi, well mer der Meenung sinn, datt schaffe goe mat engem anstännege Loun ëmmer nach méi rentabel ass, wéi wann ee profitéiert vu soziale Begleetmoosnamen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleege, vun där Erhéijung vum Mindestloun profitéiere 46.300 Persounen. Et sinn dat 25.020 Männer an 21.280 Fraen. Zesumme sinn dat an absoluten Zuelen 9.280 Leit méi wéi beim leschten Ajustement. 50% wunnen an eise Land. 50% sinn also Grenzgänger. 19.090 Mindestlounbezéier schaffen an de Secteuren Handel a Restauratioun. 11.500 schaffen an der Industrie an am Bau, an der Konstruktioun. 11.000 schaffen am Dëngschtleeschungssektor. Dat sinn e puer statistesch Zuelen, déi ech nach hei soe wollt.

D'Erhéijung vun där Mindestloun huet Auswierkungen op d'Héicht vun der Aarbechtslosenënnerrstëtzung, op d'Héicht vun der Studentenaarbecht, op d'Héicht vun der Entschiedegungen an der Rumm vum PAN-Gesetz. Dat gëtt eng zousätzlech Belaaschtung fir de Fonds de l'Emploi vun 1.018.000 Euro. Dann huet d'Erhéijung vum Mindestloun weider Auswierkungen op d'Héicht vun de maximale Pensiounen, op d'Beitragshéicht vun der Sozialversicherung an op de Beitrag vun der Fleegeversicherung.

De Mindestloun ab 1. Januar 2005 läit da bei 1.466,77 Euro. Dat sinn 59.169 aler Frangen. Dat ass ee Plus vun 28,76 Euro, also 1.160 aler Frangen. De qualifizéierte Mindestloun bedréit ab dem 1. Januar 1.760,12 Euro, dat sinn an ale Frangen 71.000 an eppes Klenges. Dat ass ee Plus vu 34,52 Euro.

Här President, Kolleeginnen a Kolleege, dat war dat wat ech mengem schrëftleche Rapport wollt bäifügen. Ech soen alle Kolleege a Kolleeginnen, déi an der Kommissioun konstruktiv matgeschafft hunn, Merci. Merci och un d'Vertrieder vun der Regierung, un d'Adress vu menge Mataarbechter an un d'Sekretariat vun der Chamber.

D'Kommissioun huet ouni Géigestëmm de virleiende Bericht den 10. Dezember ugehall an am Numm vun eiser Kommissioun bidden ech d'Chambre de virleiende Projet ze stëmmen, dee fir 46.000 Leit eng verdéngten a wëllkomme Verbesserung vun hire Paië bedeit.

Ech soen lech Merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Glesener. Als éischte Riedner ass den Här Ali Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Ali Kaes (CSV).**- Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleege, als éischt ee grouse Merci dem Rapporteur vun där Gesetjesprojet, mengem Fraktiounskolleeg dem honorabelen Marcel Glesener fir sâin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass a mengen Aen e ganz wichtige Gesetjesprojet, well en all déi, déi op der ënneschter Lounskala sinn, un déi allgemeng Loun- a Gehaltsentwécklung upasst. Ech wëll a menger Ried gären zwee Punkten uschneiden, déi fir mech ganz wichteg sinn.

Den éischte Punkt betrëfft d'Zweckbestëmmung vum Mindestloun a seng Konsequenzen. Wéi scho vum Rapporteur ugedeit, huet hautdësdags de Mindestloun en aneren Zweck, eng aner Finalitéit wéi dat nach 1944 de Fall war, wou de Mindestloun agefouert gouf. Wann de Mindestloun fréier virun allem den Zweck verfolgegt hat dem Aarbechter e Minimum ze garantéieren, stellt de Mindestloun haut de gerechten a minimale Wäert vun der Aarbecht duer, an anere Wieder de gerechte Loun fir eng 40-Stonne-Woch.

Dëse Konzeptionswandel geet op d'Reform vun 1973 zrëck, wou u sech décidéiert ginn ass, datt de Mindestloun vun der wirtschaftlecher a vun der sozialer Lag ofhänke soll. D'Iddi ass déi, datt eng regelméisseg Uppassung vum Mindestloun dem Mindestlounempfänger et erlabe soll vum ökonomesche Wuesstem a vun deenen domat verbonnene Léin a Gehälter, déi an deene leschten zwee Joer jo bekanntlech 2% an d'Luucht gaange sinn, ze profitéieren. Dat ass och richteg esou, well d'Aarbechter an d'Beamten, déi um Mindestloun schaffen an och um Mindestloun bezuelt ginn, huelen Deel um Wirtschaftswuesstem, genee wéi all aner Schaffend hei zu Lëtzebuerg.

Doriwwer eraus - an ech si frou feststellen, datt de Statsrot déiselwecht Meenung vertritt - erlaabt de Mindestloun den Erausfuerrunge vun der Strategie vu Lissabon standzehalen. Wéi Der wësst huet sech d'Europäesch Unioun zu Lissabon am Joer 2000 en éiergäizeg Zil gesat, déi kompetitivst an déi dynameschst Wëssensgesellschaft ze ginn, an domadder fir eng gréisser sozial Hesioun ze suergen. D'Opwäertung vun der Aarbecht iwwert de Wee vun engem Mindestloun, dee regelméisseg ugepasst gëtt, ass ee Moya fir dëst Zil ze erreechen. Am Fall, wou mer kee Mindestloun hätten oder wann deenen net regelméisseg opgewäert géif ginn, wier de Risiko ganz grouss, datt den Aarbechtsmaart un Attraktivitéit géif verléieren an d'Integratioun oder d'Reintegratioun op den Aarbechtsmaart wier sécherlech nach méi schwéier wéi et elo schonn de Fall ass.

Esou wéi de Rapporteur a Frënd Marcel Glesener et elo grad scho gesot huet, hunn d'Berufsskummen, bis op d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics, keen Avis iwwert de virleiende Gesetjesprojet ofginn, wat dorobber zrëckzeféieren ass, an dat ass och scho gesot ginn, datt de Projet de loi zimlech kuerzfristeg deponéiert gouf an d'Berufsskummere keng Zäit hate rechtzäiteg dëse Projet ze aviséieren. Ech bedauern dës Situatioun ebenfalls an ech hoffen, datt dat an Zukunft no Méiglechkeet aneschtens ugepaakt gëtt.

Och wa keng Avisé virleien, ausser dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics, déi iwwregens mat der Uppassung vum Mindestloun d'accord ass, hu sech déi eng oder aner Groupementer zu där Uppassung vum Mindestloun zu Wuert gemellt, esou zum Beispill d'Handelskonfederatioun, déi mengt, datt de Mindestloun kee richtige Mindestloun méi wier oder méi ass, mä en uerdentleche Loun duerstellt, deen een net misst revidéieren. Fir d'Handelskonfederatioun ass d'Uppassung vum Mindestloun nâischt aneschtens wéi ee Stëmmefänker.

Ech fannen, Dir Dammen an Dir Hären, déi Ausso ass wierklech e staarkt Stéck. Ech wëll dës Leit drun erënneren, datt méi wéi d'Halschent vun de Mindestlounempfänger u sech Frontalieren, respektiv

Netlëtzebuurger sinn an datt deem géigeniwwer d'Patronen, déi vun där Moosnam beträff sinn, ebe gréisstendeels Lëtzebuurger sinn. Or, et ass nâischt Neies, datt bei de Patronen a besonnesch bei deene klenge Betriber eng Erhéijung vum Mindestloun net gutt ukënnt. Ech gesinn net wéi een awer ënnert dësen Ëmstänn ka seriö vun enger wahlpolitescher Entscheedung schwätzen?

Ze bemierken ass awer och, datt eng Uppassung vum Mindestloun schlussendlech der Wirtschaft zegutt kënn, well se d'Consommatioun ganz kloer ukuerbelt. Et si virun allem déi mat engem nidderegen Akommes, an dorënner fale bekanntlech och d'Mindestlounempfänger, déi am Fall vun enger Erhéijung vun hirem Gehalt ganz kloer méi ausginn. An et ass och grad dës Populatioun, déi hir Sue virun allem hei am Land ausgëtt. Leit mat méi engem komfortabelen Akommes hunn am Fall vun enger Erhéijung éischter d'Tendenz ze spueren a Reservén unzeleeën, respektiv sinn si déi, déi éischter en Deel vun hirem Geld an d'Ausland droen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann d'Uppassung vum Mindestloun eng ganz gutt Saach ass, wërft dës Moosnam ganz sécher eng Rei vu Froen op, Froen, déi ënner anere am Zesummenhank mat der Kompetitivitéit vun eise Betriber stinn an iwwert déi mer eis ganz sécher Gedanke musse maachen. D'Regierung huet jo iwwregens op Wonsch vum Wirtschaftsa Sozialrot eng Etüd an Opdrag gi fir ze kucken, wat d'Konsequenze vun Mindestloun op den Aarbechtsmaart engersäits, mä awer och op d'Léin anerersäits sinn.

Aus dem Rapport vun der Regierung vum 12. November 2004 an dem Rapport vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Marcel Glesener, geet ervir, datt de Mindestloun e positiven Effet op d'Duerchschnëttsgehalt huet, awer an deenen - an ech betounen deenen - vun der Etüd ënnersichte Fäll en negativen Impact op d'Beschäftegung. Dës lescht Bemierkung ass souguer nach am Kader vun der Beschäftegung vun deene Jugendlechen ënner 25 Joer ze relativéieren.

A sengem Rapport iwwert d'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuurger Betriber kënnt de Wirtschaftsexpert Lionel Fontagné zu anere Konkusiounen. Sou mengt hien, datt wann de Mindestloun tëschent 1980 an 2001 ëm 39% an d'Luucht gaangen ass, d'Léin vun den Aarbechter während därsewlechter Period nëmmen ëm d'Halschent progresséiert hunn, sou datt et u sech ganz schwierig ass fir ze soen, datt de Mindestloun den Niveau vun de Léin fir qualifizéiert Aarbecht no uewen dreift.

An därsem Kontext wëll ech awer och nach bemierken, datt wann d'Lounentwécklung sech liicht iwwert der Produktivitéit beweegt, den Ofstand tëschent deenen zwee sech an de Joren 2002 an 2003 wierklech reduzéiert huet. Den Ajustement vum Mindestloun ass also dofir iwwerhaapt kee Problem. Déi verschidden Etüden an déi zum Deel kontradiktorsch Konkusiounen weisen, datt d'Matière ganz komplex ass, déi duerch weider Etüde verdéift muss ginn. Op dës Konkusioun ass iwwregens och de Rapport, deen d'Regierung an Opdrag ginn hat, komm. Falls - an ech betoune falls - eng Reform vum Mindestloun néideg wier, musse mir op definitiv Konkusiounen waarden an dann eréischt kënnen mer diskutéieren a kucken, awéiwäit eng Reform néideg ass oder eventuell och net.

Op jidde Fall dierf een net vergiesen, datt de Mindestloun, obwuel hien Auswierkungen huet op d'Familljen- an op d'Sozialpolitik, virun allem awer eng Fro vun der Lounpolitik ass. Et dierf een och an deenen Diskussiounen ni vergiesen,

datt de Mindestloun ganz kloer och fir de soziale Fridde steet. Mir sollen deementspriedend net midd ginn a weider fir d'Erhaltung vum Mindestloun kämpfen. E Mindestloun, dee bei wäitem kee komfortabelt Akommes duerstellt, wann ee weess wat d'Liewen u sech hei zu Lëtzebuerg kascht.

Eise Mindestloun ass, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht deen héchste vun alle Mindestléin an Europa; 21% méi wéi an der Belsch an 22% méi wéi a Frankräich. Mä bezunn op den Duerchschnëttsloun gesäit d'Bild ganz sécher aneschtens aus, do läit de Mindestloun a Frankräich an a Griicheland zum Beispill bei wäitem méi héich; dat geet ënner anerem och aus dem Rapport Fontagné ervir.

Den zweete Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, op deen ech kuerz wëll agoen, ass dee vum Zesummenhank tëschent dem Mindestloun an all deenen, déi fir de Mindestloun musse schaffen. Vun der Erhéijung vum Mindestloun - an et ass virdu scho gesot ginn, och wann déi Zuelen ze relativéieren sinn, well se sech u sech op déi Leit bezéien déi 1,3 an net just de Mindestloun bezéien - profitéieren u sech, laut deenen Zuelen, déi mer hunn, 46.300 Persounen an dovunner 21.280 Fraen. D'Frae bleiwen hei ganz sécher iwwerrepresentéiert. D'Zuel vun de Fraen, déi fir de Mindestloun schaffe ginn, ass u sech par rapport zu de Männer bal eent zu eent. Dat ass vill, wann ee vergläicht wéi vill Fraen a wéi vill Männer berufflech aktiv sinn. Et si bal duebel esou vill Männer, déi schaffen, wéi Fraen.

Déi positiv Nouvelle ass awer déi, Dir Dammen an Dir Hären, datt de Prozentsaz vun de Fraen, déi op de Mindestloun bezuelt ginn, zënter 1993 kontinuierlech zrëckgeet. Dëst spigelt u sech de Mentalitéitswiesel hei zu Lëtzebuerg erëm, wat d'Roll vun der Fra an der Gesellschaft ugeet. Et gëtt ëmmer méi Meedercher a jonk Fraen, déi studéieren a sech weiderbilden. Vu datt ëmmer méi qualifizéiert Fraen op den Aarbechtsmaart integréiert ginn, ass et u sech net weider verwonnerlech, datt ëmmer manner Frae fir de Mindestloun schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift awer, datt mir nach wäit ewech si vun enger kompletter Gläichstellung. Mä d'Zuelen, déi virleien, sinn encourageant a si sinn d'Resultat vun enger konsequenter Politik am Beräich vun der Chancëgläichheet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun an ech wëll nach den Accord vun der CSV zu därsem virleiende Gesetjesprojet bréngen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Kaes. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Emile Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Emile Calmes (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och dem Rapporteur Merci fir seng kloer Ausféierungen a sâi komplette Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, datt 18% vun de Salariéene de Mindestloun hei am Land kréien. Dat ass an der Tëschenzäit eng Rekordzuel ginn, well et an Zifferen ausgedréckt 46.300 Leit sinn. Dobäi war ab 1999 eng Tendenz ze erkennen, dass d'Zuel vun de Mindestlounempfänger géing erofgoen. Déi Tendenz huet sech awer ab 2000 erëm ëmgedréint. An de leschten zéng Joer ass de Mindestloun bal ëm 400 Euro geklommen. D'Zuel vun de Mindestlounempfänger huet an därsewlechter Zäit bal doubléiert an et sinn zënter 1998 méi Männer, déi de Mindestloun kréien, wéi Fraen.

Wou fanne mer déi Mindestlounbezéier? Ma déi gréisst Proportioun gëtt et am Commerce, der Restau-



rationun an der Hôtellerie. Do schafen alles an allem iwwer 19.000 Leit fir de Mindestloun. Dorënner dann och erëm déi grouss Majoritéit vu Fraen - praktesch 49%. Duerno kënnt de Secteur immobilier, d'Services fournis aux entreprises, de Bau an dann eréischt d'Industrie.

Mat 1.438 Euro ass de Mindestloun hei zu Lëtzebuerg deen héchsten an Europa. An der Belsch läit e fir een net qualifizéierten Aarbechter bei 1.182 Euro an a Frankräich bei 1.172. Hei hu mer also eng Differenz vu jeeeweils 256, respektiv 266 Euro pro Mount.

Vu datt d'Mindestloun jo ausgerechent sinn, fir de Leit en dezent Liewen ze erméiglechen - am Prinzip misst dat jo esou sinn -, misst et jo de Frontalieren, déi de Lëtzebuenger Mindestloun hunn am Prinzip verhältnisméisseg gutt goen, well hire Mindestloun jo ëm 250 Euro respektiv 20% méi héich läit, wéi bei sech am Land ee qualifizéierten Aarbechter verdéngt. Hie gëtt jo och nom Lëtzebuenger System besteiert, wann en iwwerhaapt an d'Besteuerung erafällt, kritt awer och d'Lëtzebuenger Kannergeld, wat u sech och méi héich ass, wéi bei sech doheim. Hien huet och ënner Émstänn eventuell manner héich Liewenshaltungskäschten, vu datt awer vläicht d'Loyeren an d'Liewen a senger Region méi bëlleg sinn, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass, wou se jo ganz héich sinn.

Wann ee bedenkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass awer dann d'Halschent vun de Mindestlounempfänger Frontalierë sinn, da schéngt mer d'Diskussion iwwert de Mindestloun - an där Hinsicht op d'mannst - awer staark ze relativéieren ze sinn. Och seet de Professor Fontagné ons a sengem Rapport iwwert d'Kompetitivitéit zu Lëtzebuerg, datt mir net deen héchste Mindestloun hunn - ech mengen mä Virriedner huet dat schonn hei gesot -, natierlech am Verglach zu den Duerchschnëttsloun, mä datt Frankräich a Griicheland do méi héich leien; Lëtzebuerg huet allerdéngs déi meeschte Mindestlounempfänger.

Vill aner Argumenter an Zuele fënnt een an deene rezenten Etüden iwwert de Mindestloun, déi dëst Joer am November erauskomm sinn; sief et an der Etüd vun der Uni Lëtzebuerg, dem Rapport Fontagné oder der Note vum Statec iwwert de Mindestloun an d'Konjunktur-entwécklung.

D'Fro ass, ob mer mat all deenen Etüden elo awer méi kloer duerch de Bësch vum Mindestloun gesinn. D'Konklusioun, déi een op jidde Fall aus all deem Material kann zéien ass déi, datt de Mindestloun generell e positiven Impakt op d'Salaren huet an awer op där anerer Säit - dobäi si se sech awer nach net sécher - en negativen Impakt op d'Beschäftegung. Anerersäits ass et awer net erweisen, dass d'Eropsetze vum Mindestloun en negativen Impakt op d'Beschäftegung vun de Jonken huet; si schéngen dann éischter manner ze schaffen, wéi dass hir Aarbechtsplaz géif gestrach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussion ëm de wirtschaftlechen Notzen oder net vum Mindestloun ass also trotzdeem relativ. Et kéint ee jo och soen, datt dat Geld, wat d'Mindestlounempfänger elo méi kréien - dat soe mer jo och bei de Steieren - erëm nees direkt an d'Wirtschaft investéiert gëtt, well si sech da vläicht endlech dat leeschte kënnen op dat se laang gewaart hunn.

Ech géif och behaupten, datt déi Secteuren an deene vill Mindestlounempfänger schaffen, Secteurë sinn an deenen d'Aarbechtskräfte méi schwéier duerch Maschinnen ersat kënne gi wéi a Secteuren, wou méi Qualifizierung gebraucht gëtt. Et ass effektiv schwéier virstellbar en engem Bistro vun enger Maschinn zerwéiert ze ginn, oder eng Maschinn ze hunn, déi automatesch Mauere kënnt eropbauen. Dat just als Gedanke fir ze weisen,

dass een dës Diskussioun ëmmer nees muss relativéieren an net ze vill däärf reng theoretesch iwwert de Mindestloun nodenken.

D'Fro, déi sech fir vill Mindestlounempfänger stellt, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, ass jo déi, ob se mam Mindestloun awer elo wierklech dezent kënne liewen. Wann een d'Entwécklung vun de Präisser a besonnesch vun den Immobiliepräisser an de Loyere kuckt, an da gesäit, wat dat do alles ee selwer kascht, da kann ee sech schwéier virstellen, wéi verschidde Leit et maache fir iwwert d'Ronnen ze kommen, besonnesch wa se eng Famill hunn. An esou enger Famill ass gewéinlech net iwwert d'Ronnen ze kommen, wann net deen aneren Elterendeel och schafft.

Ech mengen, et wär och interessant fir emol eng Etüd reng iwwert d'Familljen ze maachen, déi mam Mindestloun hei mussen liewen, an da vläicht awer och eng ze maachen iwwert déi Familljen, déi mam Lëtzebuenger Mindestloun an der Belsch an a Frankräich liewen. Well mer müssen eis jo bewosst sinn, datt awer d'Halschent vun de Mindestlounempfänger Frontalierë sinn, an datt d'Halschent da vun där Augmentatioun, déi d'Lëtzebuenger Betriber eng Millioun Euro wäert kaschten, am Ausland wäert ausgi ginn.

Allgemeng si mer dofir, an dat ass jo hei och ëmmer erëm ugeklongen, datt d'Effetë vum Mindestloun weider analyséiert solle ginn, an dass eescht gemenge Virschléi, fir Mindestlounbezéier besser ze qualifizéieren an hir Produktivitéit eropzesetzen, sollten diskutéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Fakt ass, dass dësen Adjustement zesumme mat der Indexbranche vum Oktober an der Regelung vun de Krankekeesebäitrag eis Betriber wäerte belaschten. Si hu jo an där Hinsicht kierzlech hirem Onmut Loft gemaach.

An deem Kontext wollt ech just drun erënneren, dass de Mindestloun schonn 2003 hätt kënnen iwert deem leien, wat en elo den 1. Januar wäert sinn, an zwar hat den Här Lux beim leschten Adjustement an enger Proposition de loi gefuerdert, de Mindestloun direkt ëm 7% eropzesetzen. Domat hätt een der Lounentwécklung natierlech virgegraff. Dat wier, mengen ech, och zu deem Zäitpunkt riskant gewiescht, souwuel fir d'Entreprisë wéi fir de Mindestlounbezéier. Dat hätt d'Betriber richteg belascht, zumools an enger Period vun dach relativ schwieriger Konjunktur. Haut ass den Här Lux an der Regierung an et héiert een näischt méi vun esou Fuerderungen.

Fakt ass awer och, dass de Mindestloun zënter 60 Joer eent vun de wichtegsten Intrumenten ass fir de soziale Fridden hei am Land ze garantéieren. Dësen Adjustement ass wichteg fir d'Kafkraaft vun de Mindestlounempfänger un d'allgemeng Entwécklung unzepassen, an dofir wäert d'demokratesch Fraktioun och dëser Upassung zustëmmen.

Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Calmes. Als nächste Riedner ass den honorablen Här John Castegnaro ageschriwwen. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. John Castegnaro (LSAP).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech kann d'accord si mat deem wat de Rapporteur souwuel geschriwwen wéi gesot huet. Ech stellen och fest, dass déi Diskussiounen, déi bis elo gefouert gi sinn, ganz konstruktiv waren. Ech versichen net op alles anzegeen, mä e puer lwwerleeungen trotz allem ze féieren.

Ech bedauere virun allem awer, dass verschidden Organisatiounen an dësem Land esou maache wéi wann déi 2%eg Mindestlounerhéijung verbonne mat der Indexupassung a mat deenen 0,15% Kranke-

keesebäitrag, déi d'Betriber mussen bezuelen, identesch wiere mam Weltënnergang. Dat ass mat Sécherheet net esou, soss wier dat scho längst an der Vergaangenheet eng kéier passéiert.

Ech bedauern awer den Toun, besonnesch dee vun der Handelskonföderatioun, vun der Confédération du Commerce, déi eng politesch Ennerstellung mécht a seet, et gëtt keng dringend Noutwendegkeet, well d'Mindestlounempfänger eigentlech zu Lëtzebuerg net mussen virun der Aarmut gerett ginn, mä déi 2% sinn am Endeffekt net méi wéi e wahlpolitischen Engagement a Versprechen, déi elo agehale misste ginn.

Dat ass net esou. Dat wëssen déi Dammen an déi Hären do genee, an ech bedauern nach vill méi dee Bréif, dee vun der Confédération luxembourgeoise du Commerce a vun der Horeca virun zwee Deeg un d'Parteie geschéckt ginn ass, wou e regelrechte Refus ausgedréckt gëtt, mä wou virun allem eng Rei Behauptungen opgestallt ginn, déi inacceptable sinn.

Engersäits well se och verbonne gi mat erpresseresche Methoden. Et gëtt gedreht, dass dat doten zu Aarbechtsplazofbau géing féieren. Och dat ass eppes wat an der Vergaangenheet ni de Fall war. An et si Widdersprach an deem Bréif, op déi ech elo aus Zäitgrënn net wëll agoen. Ech stelle mer just d'Fro, wéi déi Responsabel sech de Klima da kënne virstellen tëschent deem, deen am Restaurant zerwéiert, respektiv deem, deen an hire Geschäfte zerwéiert, an deen näischt soll kréien oder nach manner soll kréie par rapport zum Client, dee kënnt, an dee seng Indexupassung, seng Lounerhéijung an aner Erhéijunge kritt, dat mécht ee Klima, deen net gutt ass, an deen een dofir och net sollt opkomme loosse.

Am Endeffekt, Kolleeginnen a Kolleegen, ass et jo esou, dass déi Upassung réckwierkend sinn, also mat Verspéidung kommen an et sech net ëm eng voluntaristesch Erhéijung vum Mindestloun handelt, mä et geet hei ganz schlicht an einfach drëm, dass d'Kafkraaft vun deenen niddregsten Akomesbezéier zu Lëtzebuerg ugepasst gëtt, obwuel d'Relatioun vun deem Loun par rapport zu de Liewenskäschten zu Lëtzebuerg an dem Recht op en dezent Liewen zu Lëtzebuerg net iwwerenees stëmmt.

An et stëmmt awer och, an ech soen dat nach eng kéier, déi Mindestlounupassunge ginn zënter Jorzéngte mat enger Regelméissegkeet gemaach. Et ass also keen Novum?

Ech wëll awer och ennersträichen, well dat an deene Kritiken ëmmer erëm héich kënnt an och an aneren Diskussiounen, op déi ech nach zrëckkommen, d'Mindestlounerhéijung, och den Adjustement vun de Pensiounen baséiert op der Lounentwécklung vun 2002 an 2003, an do gëtt eppes ganz kloer, wat een och soll hei ervirsträichen, et ass scho gemaach ginn, nämlech déi moderat a verantwortlech Lounpolitik vun de Gewerkschaften a wirtschaftlech méi schwierigen Zäiten.

D'Gewerkschaften hunn domat eemol méi bewisen, dass se der Problematik vu manner Wirtschaftswuesstem an doduerch manner Produktivitéit Rechnung droen. Wa manner Wirtschaftswuesstem a manner Produktivitéit ass, dann huet dat jo och mat Produktiouns- an Émsazleeschtung ze dinn, déi zrëckginn. An déiselwecht Parametere ännere muer direkt, wann d'Ekonomie erëm unzitt, wann d'Konjunktur besser gëtt, an dann déi Diskussioun natierlech eng aner Nues kritt.

Et sollt een also deem Verantwortungsbedusstsein vun deenen Acteure Rechnung droen, wann ee wëllt Kritik üben, a gesinn an unerkennen, dass et also minimal Auswierkungen op d'Rentenajustement, op d'Mindestlounupassung sinn, an dass et mat Sécherheet falsch ass, den Däiwele un d'Mauer wëllen ze molen.

Et ass och richteg, och dat ass schonn eng kéier gesot ginn, dass de Wirtschafts- a Sozialrot a besonnesch d'Gewerkschaften eng déifgräifend Analys vum Mindestloun am Zesummenhank mat de reelle Liewenshaltungskäschten zu Lëtzebuerg fuerderen, dass also do soll Klorheet geschaf ginn, an an der Regierungserklärung steet, an ech zitieren: «Le Gouvernement reste attaché au mécanisme de la revalorisation du salaire social minimum à un rythme biennal sur base des rapports techniques établis à cette fin. En parallèle, il fera étudier si le niveau actuel du salaire social minimum est adapté aux réalités sociales et économiques».

Ech stellen och d'Fro: Ginn dann ab 1. Januar 1.466,77 Euro oder eppes iwwer 59.000 al Lëtzebuenger Frang duer, fir an dësem Land kënnen en dezent Liewen ze féieren? An do soen ech kloer neen. Eng strukturell Upassung vum gesetzleche Mindestloun, niewent där ëmmer erëm verspéitert Upassung un d'Loun- an d'Gehaltsentwécklung an och un déi reell Käschten an dësem Land, fir haut hei ze wunnen an ze liewen, alles dat ass eigentlech iwwerfäleg.

D'LSAP huet zweemol an der Vergaangenheet gefuerdert, dass ee misst do eppes ennerhuelen an do komme jo och déi 7% Erhéijung hier, zu engem Moment wou d'Ekonomie gutt gaangen ass a wou eben d'Mindeslounbezéier net genuch profitéiert hunn, och net vun de Steiererlicherungen, an och net vun der Ëmverdeelung, déi ufanks vun dësem Jorhonnert jo awer zu Lëtzebuerg virgeholl ginn ass.

Et ass also noutwendeg déi strukturell Upassung, déi do wichtig an noutwendeg wier, feststellen. Ech sinn awer gäre bereet fir ze soen, dass den Zäitpunkt vun der Ëmsatzung vun engem Nachholbedarf och kann etappeweis virgeholl ginn, wann d'wirtschaftlech Situation eben net déi ass, déi ee bräicht fir deem Käschtepunkt, deen entsteet, kënne Rechnung ze droen. Iwwer alles kann een diskutieren. Wichtig ass, dass een emol Feststellungen, Fakte schafft a weess vu wat ee schwätzt.

Am Exposé des motifs - och dat ass de Moie scho gesot ginn - heescht et, datt 46.000 Mënschen Mindestlounempfänger sinn, an dat op der Basis vun engem Parameter vun de Stonneléin, déi enner 130% vum Mindestloun leien. Firwat eigentlech sinn déi 130% geholl ginn? Firwat gëtt net méi prezis d'Opdeelung gemaach vun den 100%, also vun den eigentleche Mindestlounbezéier? Firwat gëtt net déi vun dem zweete Mindestloun, vun dem qualifizéierte Mindestloun gemaach? Och dat wier wichtig!

Et wier scho wichtig ze wëssen, wéi vill Leit da wierklech prezis de monatleche Mindestloun bezéien. Och wann den IGSS seet, et wieren der 37.000, esou wéi et an eise Rapport steet, da stellen ech och fest, eemol méi: D'statistesch Methode muss verfeinert ginn. An ech stellen och d'Fro, wéi héich den Undeel ass vun den Deelzäitbeschäftegten un soziale Mindestloun. Et muss een ebe Klorheet an dat Zuelematerial kréien, well ee jo och net méi anzeschätze weess, ob et da wierklech esou ass, dass zënter 1993 den Undeel vun de Mindestlounbezéier vu 14 op 18% an d'Luucht gaangen ass, ob et net vläicht méi ass, a wéi déi Relatiounen ennereneen dann alleguer bestinn.

Wouer ass och, dass den Undeel vun de Fraen an deem Zäitraum, vun deem mer schwätzen, zrëckgaangen ass, mä dat mécht net falsch - an dat wëll ech ennersträichen -, dass d'Fraen ëmmer nach am stärkste betraff sinn a bei de Mindestlounempfänger iwwerrepresentéiert sinn. A wann een an eenzel Secteuren erakuckt wéi den Horesca-Beräich, da sinn et 50% vun de Fraen, a wann een eng aner Zuel kuckt, déi iwwert déi nei geschafene Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, da stellt een och do fest, dass dräi Véirel vun deenen neien Aarbechtsplazen där sinn, déi nëmmen mam Mindestloun bezuelt ginn.

Fir mech wier et och interessant ze wësse wéi déi virun e puer Joer beschlosse Moosnam elo ausgesäit, wat déi bruecht huet; ech schwätze vum Hauspersonal, wat iwwer eng vereinfacht Umeldungsprozedur erfaasst ka ginn. D'Zil war jo d'Schwarzarbecht an deem Beräich ewechzekeréien engersäits, mä anerersäits deem Hauspersonal - Mann oder Frau - eng Sozialversicherung unzubidden, eng Onfallversicherung an hinnen och Rentenuspéich ze erméiglechen. Et géing mech also schonn interesséiere wéi héich deen Undeel ass, an ob een do net en neien Elan misst huelen.

**(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Da sollt een dës Moosnam, déi lescht, déi ech genannt hunn, och gesinn am Sënn vun enger Erhéijung vum Taux d'emploi, esou wéi d'Strategie vu Lissabon dat jo, zënter dass et se gëtt, priedegt.

Wa mer also geneet Zuelematerial ufuereeren, ännert dat näischt un der Tatsaach, dass all Upassung vum Mindestloun, vun de Mindestrenten, vun der Chômageënnerstëtzung, vum RMG - alles dat hänkt jo zesummen - an esouguer Auswierkungen op aner Kleng- a Mëttelakomes Erhéijunge sinn, déi integral an de Konsum ginn. Déi ginn net op d'Spuerbuch geluecht, do bleift näischt Rescht, an dat, wat een da muss ennersträichen, dat ass, dass déi Organisatiounen, déi also d'Erhéijung am meeschte kritiséieren, eigentlech integral vun der Kafkraaftverbesserung do profitéieren. Do gëtt et also nach e Widdersproch, deen een einfach muss esou kloer an däitlech soen.

Richteg wier et allerdéngs, wann ee kënnt d'Lounpolitik zu Lëtzebuerg ausschliesselech iwwer Kollektivverträge gestalten, wann d'Sozialpartner, déi am beschten d'Situation an de Secteuren, an den Entreprisë kennen, an och dat wirtschaftlecht Ëmfeld, d'Capacitéit vum eenzelne Beräich, dass een also do kéint d'Lounpolitik gestalten, aushandelen, duerstellen, mä mer sinn zu Lëtzebuerg net op deem Punkt.

Ech warnen awer am Géigendeel dovir, dass esou lwwerleeungen, déi aus Patronatskreesser kommen - an ech hoffen, dass ech och de Kolleeg Calmes falsch verstanen hunn de Moien -, dass ee wéi eenzel Kreiser dat fuerderen, elo op eng kéier misst an der Indexupassung, an der Mindestlounupassung an an aneren Upassungen selektiv, dat heescht ennerschiddlech virgoen, entsprechend der Situation am Betrib, am Secteur, am Beräich.

Dat géing jo zu engem fierchterlechen Duerchernee féieren, oder wa mer zur Konkusioun géinge kommen, an et ass do, wou ech den Här Calmes vläicht net gutt verstanen hunn, dass mer géinge soen, mä d'Frontalierë brauche manner a Frankräich fir ze liewen ewéi zu Lëtzebuerg, dofir sollen déi 20% Mindestloun manner kréien. Et muss ee sech emol virstellen, wat dat fir een...

**(Interruption)**

Okay, ech warnen dann awer virun esou lwwerleeungen, well ech soen, dat dote mécht e fierchter-



lechen Duercherneen an de Betriber a féiert zu engem Sozialnäd, vun deem een d'Aussmoossen net méi iwwersäit, a souwisou wier esou eng selektiv Upassungspolitik ongerecht, onsozial, well ee jo ëmmer muss soen, d'Deierecht betrëfft jiddferee gläich, mä am Contraire, déi Äermst ënner eis gi vill méi haart vun der allgemenger Deierecht beträff wéi all déi aner.

Och nach eng Kéier ze ënnersträichen ass, dass d'Lounpolitik an d'Mindestlounerhéijung och Rente-politik ass, et ass och d'Speise vun de Krankekeesen a vun de Rente-keesen, alles gräift jo zu Lëtze-buerg aneneen. Et gëtt also och vill positiv Effekter bei deene Saachen.

Mä nach eng Kéier: Esou laang wéi an dësem Land knapp iwwer 50% vun de Salariéen iwwert d'Kollektiv-vertrag nëmmen erfaasst sinn, dréit de Stat eng grouss Responsa-bilitéit bei der Gestaltung vun den Akommesse vun deenen niddre-gen Akommesbezéier ënner eis, well de Stat d'Responsabilitéit fir déi Zéngdausenden dréit, an deem Sënn, dass hien eben dofir muss suergen, dass hire Liewensstan-dard einegermoosse garantéiert bleift.

Kolleeginnen a Kolleegen, zënter Méint si mer konfrontéiert mat enger méi hefteger Diskussioun iwwert d'Kompetitivitéit an d'Produk-tivitéit zu Lëtzebuerg, mä och an der Europäescher Unioun, an ech menge weltwäit, ass dat en Thema, mä firwat? Ma a) well d'Zil an d'Sta-tegie vu Lissabon et wëllen, dass mer déi Diskussioun féieren, a b) well mer et eigentlech och wëllen. De Rapport vum Professer Fonta-gné ass jo keen Zoufallsprodukt, mä ass d'Resultat vun Diskussiounen vun de Sozialpartner mat der Regierung am Joer 2003 an der Tri-partite. Do ass deen Optrag ent-stanen, an dee Rapport, deen do zustane komm ass, dee soll also Pisten opweisen.

Haut de Mëtteg tagt jo och d'natio-nal Tripartite, wou ech iwwregens déi éischte Kéier, dass et se gëtt, dann net méi dobäi sinn - mat e bëssen Nostalgie soen ech dat, dofir sinn ech hei, wat mir och vill Freed mécht. An där Tripartite wäerten éischt Diskussiounen iwwert de Rapport Fontagné stattfan-nen.

Ech wëll just eppes soen: Léif Frënn, de Fontagné-Rapport ass och keng Bibel, mä ass eng Platt-form fir eng néideg a wichteg De-batt, och als Bestanddeel vun där Debatt iwwert d'Zukunft vun dësem Land. An där Debatt spillen In-dexéierung, Mindestloun, Sozial-käschte, Loun- a Sozialpolitik keng Nieweroll, mä sinn e feste Bestand-deel vun allem, wat sech hei of-spillt, a vun enger allgemenger Diskussioun iwwert de Standuert Lëtzebuerg, eiser Plaz an der Eu-ro-päescher Unioun, an eiser Plaz an der mondialisierter Economie.

Ech soen daitlech: Kompetitivitéit ouni Sozialnetz op héijem Niveau gëtt et net. D'Kompetitivitéit, d'Be-nefisser an de Betriber, eng opti-mal Produktivitéit hänke ganz enk zesummen, a) mat der allgemenger wirtschaftlecher Situatioun natierlech - an a Krisenzäite stag-néiert dat, riskéiert dat esouguer zrëckzegoen -, mä b) - an ech ënnersträichen dat - mat dem soziale Wuelbefanne vun de Mënschen, déi an de Betriber schaffen, mä och dem soziale Wuelbefannen am Allgemengen.

Dat heescht an anere Wieder, wann de Gruef tëschent de Loun-empfänger méi grouss gëtt, da stellt dat net nëmmen d'sozial Ko-hesioun a Fro, mä et provozéiert och en negatiivt Verhalen op d'Be-rechtschaft vun deenen niddrege Lounempfänger hirem Bäitrag zur Kompetitivitéit an zur Produktivitéit ze leeschten. All déi do lamentéieren, dass zu Lëtzebuerg net méi genügend Bereetschaft besteet, e Beruff ze léieren, respektiv beruff-lech Weiterbildung ze maachen, sollten dat och am Zesammenhang mat niddrege Léin wéi dem Min-

destloun oder dem zweete Min-destloun gesinn, an et sollt een also op steril Kritik verzichten, mä et sollt ee gemeinsam agéieren, fir do eppes ze verännern am positive Sënn.

Falsch ass et fir ëmmer erëm d'Eu-ro-päesch Unioun als Argument fir eng sozial Harmoniséierung no ën-nen, en Nivellement vers le bas, ze gesinn oder ze interpretéieren, och wa viles wouer ass, wat een an där Kritik seet. Ech erënneren un den Här Fritz Bolkestein a säin Déngschtleeschungs-Richtlinnen-entwurf oder un d'Aarbechtszäit-richtlinn, déi deemnächst zur De-batt steet. Do kann een natierlech der Meenung sinn, wann déi Richt-linn dann esou duerchgeet, dass een 48 a méi Stonne schafft, dass dat eng gutt Saach wier, dass een dann de Mindestloun kënnert erf setzen, well ee jo duerch déi vill Stonnen ouni Iwwerstonnenzou-schlei dann awer op deeselwechte Betrag géing kommen. Dat si jo Mëllechmeederchersrechnungen, déi net opginn an déi een och guer net sollt ufänken ze maachen.

Ech wëll nëmme soen an ënner-sträichen, do, an deene Länner wou sozial Aarmut ass a wou Hon-gerléin sinn, gëtt et och eng nid-dreg Produktivitéit an an der Regel och eng schlecht Qualitéit. Déi 2% Mindestlounerhéijung sinn also kee Geschenk, mä eng Fro vun der Responsabilitéit vis-à-vis vun dee-ne 46.000, déi ëmmer genannt ginn, déi dann ëmmer nach net zu de Groussverdenger gehéieren an déi dann ëmmer nach forcéiert sinn all Euro, deen se wëllen aus-ginn, zweemol ëmzedréine bevir se dat maachen.

Eng aner Iwwerleeung: Während de Budgetsdebatten ass hei och iwwert den Export vu Sozialleesch-tungen a Léin geschwat ginn. Ech bedauern, dass dat hei esou ver-einfacht gemaach ginn ass, ouni d'Rechnung ze maache wéi héich den Undeel vun de Grenzgänger an den Nettlëtzebuenger, déi eng Kéier heem ginn, laang net all, hi-rem Schaffen an dësem Land um geschafene Räichtum vu Lëtze-buerg an un eisem Wuelstand ass. Wann een déi Rechnung géif maa-chen, da géing een zu anere Re-sultater komme wéi nëmmen iwwert den Export vu Sozialleesch-tungen ze lamentéieren.

Dann eng lescht Iwwerleeung: D'Neiorientéierung vum Sozialstat, dee jo och ugeschwat ginn ass, seng Konsolidéierung, d'Diskus-sioun iwwert d'Eegebedeelegung vum Eenzelnen iwwer eng Reform vun de soziale Sécherheetssysteme. Ech soen, dat si kräfteg Sätz an Aussoen. Et soll ee mir erkläre wéi ee Mindestlounbezéier dann eng Eegebedeelegung kann op-bréngen. Wéi kann e sech et da leeschte privat Zousazverséche-rungen am Renten- an am Kranke-versécherungsberäich ze maa-chen? Wéi kann e sech et leeschen eng finanziell Bedeelegung am périscolaire Beräich opzebréngen, esouguer da wa Papp a Mamm Duebelmindestlounbezéier sinn? Och dat si Wouerechten, déi een an dësem räiche Land net därerf ën-nert den Teppech kieren, mä mat deenen ee sech muss ausernee setzen.

Duerfir ass d'Erhéijung vum Min-destloun ëm 2% méi wéi gerechtfäerdeg. Duerfir drängt sech déi strukturell Debatt iwwert d'reell Héicht vum Mindestloun respektiv d'Mindesteinkommen an dësem räichen a moderne Stat Lëtze-buerg op. Loosse mer dat maa-chen, och weinst eisem eegene Gewëssen a loosse mer et och maachen, fir dass mer der Chancëgläichheet all hir Bedeutung ginn a verënnern an eng Zweek-klassengesellschaft ofzeruschén.

Am Numm vun der LSAP-Fraktioun proposéieren ech natierlech d'Ge-setz unzehuelen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter. Ma-dame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här Presi-dent. Här President, Dir Dammen an Dir Härren, den 1. Januar 2005 gëtt e Retard vun 2% un d'Akom-mes vun de Mindestlounbezéier nogeholl. Duerch dëse Fait, datt Lëtzebuerg eent vun den EU-Län-ner ass, déi ee geregelte Min-destloun hunn, kënnen mir heimat fir eng gewësse Loungerechtegkeet vun alle Salariéen an dësem Land suergen. Bedingung ass na-tierlech, datt se ugemellt sinn.

Trotzdem musse mer feststellen, datt och ee geregelte Mindestloun net enger gewëssener Gesell-schaftsandeelung, enger Selektioun, vläicht souguer enger Margi-nalisatioun definitiv entgéintwierkt. Mir mussen och feststellen, mat gewësse Schwankungen, ass de Mindestloun haaptsächlech nach ëmmer bei deeneselwechte Kate-gorië vu Leit ze fannen, sief dat beim Patronat wéi beim Salarat.

An ech géif gärden hei am Numm vu menger Fraktioun e puer Reflexiounen maachen, zu:

1. Wie kritt de Mindestloun?
2. Wou kritt een de Mindestloun?
3. e puer nei Weeër skizzéieren iwwert déi mir hei an dësem Haus gutt berode wieren, eis Gedanken ze maachen an Zukunft.

Wien ass Mindestlounbezéier? Dat hu mer jo schonn hei e puermol héieren. Ech géif gär fir d'éischt emol soen, datt mer eis awer mus-sen zum Gedanke maachen, dass praktesch all fënnefte Salarié, deen hei an dësem Land schafft, fir ee Mindestloun schafft an déi Zuel vun de Mindestlounbezéier hält lues awer stänneg zou.

Een zweete Fait ass, datt mir hei zu Lëtzebuerg ongeféier een Drëttel Fraen an zwee Drëttel Männer iwwerhaapt um Aarbechtsmaart hunn, wat schonn net glorrich ass fir eng europäesch Pourcentage-leeder vu Fraebedelegung um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg. Vun all dëse Salarié kritt ee Mann vu sechs de Mindestloun an awer eng Fra vu véier kritt de Mindest-loun. Wat bedeit dat? Bei de Min-destlounbezéier bedeit dat fir d'éischt emol, dass mer do effektiv, an et ass schonn hei gesot ginn, 50:50 plus ou moins hunn, dat heescht esou vill Männer wéi Fraen, déi de Mindestloun kréien. Dat heescht dann awer och, dass bei den net Mindestlounbezéier zweemol méi staark d'Männer ver-truede si wéi d'Fraen.

Dat seet indirekt eppes aus iwwer eis gesellschaftlech Organisatioun an eis Economie, wéi vill Fraen iwwerhaapt nach a Fro kommen, fir op Décisiounsposten ze schaffen an esou eng reell, an dat ass jo hei scho prônéiert gi vu bal alle Par-teien, Egalitéit tëschent Fra a Mann an der Aarbechtswelt an an eiser Wirtschaft unzestriewen, an och herno hierzustellen. An ech gi be-wusst haut, well et net de Sujet ass, net op dee Problem a vun deem Secteur net Mindestloun, fir déisel-wecht Aarbecht eng net selwecht Pai.

Et ass awer och ee soziale Pro-blem, wann ee weess, datt praktesch ee Mariage vun zwee an d'Bréch geet, d'Kanner zu 98% bei der Mamm wunnen an d'Mamm, d'Fra also, d'Haaptfamilljenernäherin ass. Well mer wëssen, an ech kommen och spéider nach eng Kéier drop zrëck, dass déi Plazen, wou mir d'Mindestlounbezéier a -bezéierinnen erëmfannen, net grad déi sinn, déi déi beschte Virausset-zunge bidden, fir zum Beispill Fa-mill a Beruff mateneen ze kombi-néieren.

D'Analys stellt dann och fest, datt ongeféier, an dat ass och schonn hei thematiséiert ginn, d'Halschent vun de Mindestléin vu Frontalieren exportéiert ginn. An natierlech ass dat fir si eng besser Saach, wa si hei e Mindestloun kréien, wéi wa se an hirem Land e Mindestloun kréien oder souguer nach manner wéi e Mindestloun, deemno wéi, wa mer an Däitschland ginn, wou et kee Mindestloun gëtt. Mä do kommen ech nach spéider drop zrëck.

Mä ëmmerhi gi 50% vun de Min-destléin u Résidenten, an do kom-men ech wierklech net der-laanscht, Dir Dammen an Dir Hä-ren, fir de Lien ze zéien zur Schoul-ausbildung. Ech wëll lech drun erënneren, datt hei am Land säit geraumer Zäit iwwer 20% vun all eise Schüler an all eise Schülerin-nen, also alle Résidenten, d'Schoul ouni Qualifikatioun verlossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, mir fidderen eis eegen Aar-bechtswelt mat engem Fënneftel vun de jonke Mënschen, déi mir onqualifizéiert aus eise Schoule goe loossen an ouni eis allze vill Gedanken ze maachen, datt hei am Land ee Kand vu fënnef eigent-lech wéineg Chance um Aar-bechtsmaart wäert hunn an dëst vun Ufank u vu senger Carrière. A grad déi Leit fanne mir haut um Mindestloun erëm.

An ech wëll och hei haut an dësem Kontext bewosst net agoen op déi soziokulturell Analys vun de Min-destlounbezéier, déi mir an der Schoul produzéieren an déi mir herno um Aarbechtsmaart erëm-fannen.

Wou kritt een de Mindestloun? De Mindestloun fënnt een iwwerrepres-entéiert haaptsächlech an dräi Branchen, datt ass de Commerce, et ass scho gesot ginn, 25%, de Secteur vun den Déngschtleesch-tungen, 17%, an de ganze Secteur Horesca, datt heescht Restaura-tioun an Hôtellerie, 14%. Eleng an de Secteure Commerce an Hores-ca fanne mer den allergréissten Deel vun alle Fraen erëm, déi de Mindestloun kréien. An domadder wëll ech hei just déi extrem Flexibi-litéit vun där Aarbecht an deene Secteuren ënnersträichen, an ech wëll se géigeniwwer setzen am Kontext ebe vu Vereinbarung vu Famill a Beruff - an Dir wësst alle-guerten, dass dat bal incompatibel ass.

Iwwerhaapt si praktesch all Sec-teuren, déi méi mam Mindestloun concernéiert sinn, Secteuren, wou déi physesche Aarbecht vill méi erausgefuert gëtt, a virun allem Secteuren, wou de Facteur Aar-becht eng wesentlech Roll spillt. Et sinn dëst Secteuren, déi vill méi aarbechtskraaftintensiv sinn - zu-mindest proportional - wéi anerer.

An do solle mer, mengen ech, fir ee Moment stoe bleiwe bei deene Re-marquen - fir et emol héiflech, an net anescht, ze formuléieren - vun der Handelskonfederatioun awer och vun där Etüd iwwert déi soi-di-sant negativ Impakter vum Min-destloun op d'Beschäftegung.

Natierlech ass ee Kleng- oder Mët-telbetrib net frou, wa mir hei an dësem Haus decidéieren, de Salaire social minimum ze adaptéieren. An dat, wat fir eis just e Retard vun 2% ass, ass fir verschidde Betriber sécher eng gréisser Adaptatioun, well si: 1. ebe proportionell vill méi Aarbechtskräften hunn an 2. vun deenen Aarbechtskräften eben im-mens vill Salaires sociaux minimum ausbezuelen. An deemno ass et jo och richtig, dass fir si dann och eng gréisser Adaptatioun op si duerkennt.

Obwuel mir eis der Logik an Den-kart a -weis vun dëser Federatioun net kënnen uschléissen, soe mir awer, datt et wichteg an noutwen-deg ass, datt sech hei an dësem Haus seriö Gedanke gemaach ginn iwwert d'onequiliibréiert Ver-deelung vum Coût salarial an eiser Aarbechtswelt an hir Répercus-siounen op eis Economie.

Wa mir an Zukunft un dësem Sys-tem festhalen, wou haaptsächlech de Facteur Aarbecht finanziell be-laascht gëtt, riskéiere mir:

1. effektiv, an dat mat oder ouni Diskussioun iwwert de Mindest-loun, d'Kreatioun an d'Bäibehale vun den Aarbechtsplazen net ze förderen, jo, vläicht souguer och réckgängeg ze maachen;
2. Kleng- a Mëttelbetriber seriö ze benodeelege par rapport zu grouse Boiten, déi proportional net esou aarbechtskraaftintensiv sinn.

An ech wëll och do an deem Kon-text drun erënneren, datt mir fir d'Berufsausbildung haaptsächlech op déi Kleng- a Mëttelbetriber zrëckgräifen an datt si op deem Punkt jo och eng wichteg Roll spillen;

3. Mir kënnen an Zukunft net aus-schliesslech iwwert de Wee vun der Berechnung vun de Cotisations sociales um Facteur Aarbecht eise Sozialstat erhalen, op jiddfer Fall net, wa mer wëllen dat, wat fir eis d'Cohésion sociale, de soziale Fridden, dee fir eis esou wichteg ass, weider fleegen.

Mir vertrieeden als Gréng och, datt et noutwendeg ass iwwer Lounnie-wekäschten ze diskutéieren, iwwer eng nei an eng méi équilibréiert Participatioun a Redistributioun vun de Sozialleeschungen, wou net nëmmen oder net haaptsäch-lech de Facteur Aarbecht zu der fi-nanzieller Ofsécherung vun eisem Sécherungssystem bäidréit.

Mir sinn als Gréng der Iwwerzee-gung, datt nei an aner Weeër, wéi zum Beispill eng Wäert-schöpfungsabgab oder Ekosteiere wichteg Piste sinn, fir an Zukunft ei-se Sozialstat ze garantéieren a virun allem fir déi aarbechtsintensiv Kleng- a Mëttelbetriber ze ent-laaschten.

Dës Bemierkunge gesot, dierfe mer awer net vergiessen, datt de Mindestloun aus der Siicht vun deem, deen e kritt, e Mindestloun ass, dat heescht e Salaire social minimum. Dat ass kurz und bündig dat, wat de Mënsch brauch, fir hei an dësem Land ze iwwerliewen. An deen, deen drun zweifelt, soll sech zum Beispill einfach beméien, eng mënschewierdeg Wunneng hei zu Lëtzebuerg ze fannen, déi net méi wéi een Drëttel vum Mindestloun kascht, wéi dat dann Usus ass, dass ëmmer gesot, un enger Pai geet een Drëttel an de Logement, mat de Chargé wären dat onge-féier, Dir Dammen an Dir Härren, Här President 450 Euro; dat ass scho bal eng Saach vun der On-méiglechkeet.

Eng monoparental Persoun mat en-gem Kand huet trotz den zousätz-leche Sozialakommissen, wéi Kan-nergeld an esou weider, mat en-gem Mindestloun bei wäitem net déiselwecht Chancen an huet et iwwerhaapt schwéier aus der Mar-ginalitéit erauszekommen.

D'Feststellung, datt de Mindestloun zu Lëtzebuerg deen héchst be-zuelten ass a ganz Europa, an heiansdo souguer iwwer Europa eraus, ännert awer guer näischt un där prekärer Situatioun vun där Persoun, déi hei am Land de Min-destloun kritt.

Wa mir an Europa, an deem neien Europa, wou mer haut zu 25 a mar zu 27 Membere sinn, wëllen en-gersäits de soziale Fridde garan-téieren a gläichzäiteg den Dump-ing social wëlle verënnern, komme mir och, menge mir, mëttel-fristeg net derlaanscht iwwer een europäesche Mindestloun noze-denken, wou mir awer och der Iwwerzeegung sinn, dass dee mëttel-fristeg och seng Plus-value zu Lëtzebuerg wäert fannen.

A wann d'Europäesch Unioun - an dozou ziele mir jo als Lëtzebuerg och - wëllt den Ziler vun där ambi-tiéiser Lissaboner Agenda méi no kommen, géllt et virun allem eis Aarbechtswelt esou ze organiséieren, datt jidderen Zougang kritt zum Berufszertifikat, dat heescht enger qualifizierter Aarbecht kann



nogoen, an awer och duerno - an dat wëll ech och ënnersträichen - jidderen déi Konditiounen virfënnt, fir säi Liewen esou ze organiséieren, datt e ka Beruff a Famill matenee vereinbaren, dat heescht eng Pai woumat hien oder si seng Famill kann ernähren, dervu ka liewen an net nëmmen iwwerliewen, mä awer och muss garantéiert sinn, datt ronderëm d'Aarbecht déi noutwendeg Infrastrukture genügend ze fanne sinn, well dorunner feelt et och, wéi zum Beispill péri- a parascolaire Infrastrukturen.

Zum Schluss géif ech awer och nach gären e puer Wuert zum Travailleur handicapé soen. Mir hunn d'lescht Joer e Gesetz gestëmmt, wat dëst Joer, mengen ech, den 1. Juli a Kraaft getratt ass. Dëst Gesetz vum 12. September 2003 definiert den Travailleur handicapé, deem, net nëmme mä och, an den Ateliers protégés schafft.

Dat ass an dat war och deemools fir all behënnerte Mënsch, deem an engem Atelier schafft e wichtegt Gesetz. Well fir d'éischt kréien déi Leit, déi do an engem Atelier schaffen, e richteg gesetzlech geregelte Salaire, wa si dann op d'mannst 30% behënnert sinn, dat heescht wa si eng Produktivitéitsreduktioun vun op d'mannst 30% hunn, wat jo an dësen Ateliereen ëmmer de Fall ass.

Dëse geregelte Salaire ass dann och den onqualifizéierte Mindestloun. Dat muss ee soen, onofhängeg vun där Formatioun, déi déi eng Persoun vläicht iergendwann eng Kéier hat, mä zumindest ass et haut e geregelte Salaire, deem déi Leit kënne kréien. A wat ech wëll ënnersträichen: Déi Leit kréien déi Suen net, well se iergendwou hei aus där Keess e puer Suen zegutt hunn a weinst där Behënnerung e puer Suen zegutt hunn, mä si kréien e Salaire, well se schaffen, an dat ass dat, wat immens wichtig ass.

Verschidde vun dëse Matmënschen - de Rapporteur huet et och richteg ernimmt -, et sinn der am Ganzen 351, kréien zousätzlech zu hirer geregelter Pai, e Complément aus dem Fonds pour l'emploi an dat aus där einfacher Iwwerleeung, datt si virdrun eben aus deene verschidde Keesen ëmmer iergendeppes kritt hunn a se elo haut net dierfe manner verdéngen, wéi virun dem Akraafttriede vun dësem Gesetz. Well awer all Mënsch gläich ass, dann och ebe gläich ass virun de Steieren, huet d'Regierung Amendementer ausgeschafft, fir dësem spezifesch Problem vun dësen 351 Leit entgéintzekommen.

Leider, leider - an et ass och scho gesot ginn - hat de Conseil d'État keng Zäit, fir sech an dës Amendementer eranzeschaffen, an dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, kënne mir haut just de Mindestloun fir déi sou genannten Normalitéit stëmmen.

Ech wëll wierklech soen, dass ech dat bedauern, well dat Gesetz vum 12. September 2003, och wann et sécherlech nach muss verfeinert ginn, ass, wéi gesot, e wichtige Schratt gewiescht fir déi behënnert Matmënschen, well se ebe virdrun ëmmer e Mix hate vun engem Deel Rent, engem Deel RMG, engem Deel ATI a sou weider a sou virun. Awer bei der éischter Hürd vun der Adaptatioun vun hirer neier Pai fält schonn een Deel vun der Gläichstellung zesummen, och wann et nëmmen e symboleschen Deel ass.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Wat ech och bedauern, dat ass, dass vill vun deene Salariéen aus den Ateliers protégés, déi praktesch hiert ganz Liewe laang haaptsächlech am Ministère de la Famille beschäftegt waren, a sech elo mat där Adaptatioun eigentlech erëm an dee Ministère de la Famille müssen zrëckbewegen, och dëst nëmme symbolesch, mä dat ass awer och eppes wat net ze begreissen ass. Wann ee schafft an et

kritt een eng Pai, dann hänkt dat vum Ministère du Travail et de l'Emploi of.

Dëst gesot, wëll ech zum Schluss soen, dass meng Fraktioun dee Projet de loi sécherlech wäert stëmmen.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och dem Här Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deem effektiv d'Problematik vun där ganzer Diskussioun hei erëmस्पигelt. Mä ech wëll him awer och félicitéiere fir säi Courage, fir hei op déi Bühn ze trieden ouni Panzerschutzwest an ouni Schutzhelm, fir hei fir eng Erhéijung vum Mindestloun ze plädéieren, well et gëtt jo ëmmer flächendeckend vu verschiddene Säite bombardéiert, wann et heescht de Mindestloun ze erhéijen oder den Index unzepassen, an da gemaach gëtt wéi wann eist Land vun Ausserirdische géif iwwerfall ginn an eis Ekonomie géif an hirem Fundament erschüttert ginn.

Här President, wann een elo schonn déi Attacke muss iwwer sech ergoe loosse bei enger Erhéijung vun 2% vum Mindestloun, wat géif da geschéie wa folgenden Text aus engem Parteiprogramm géif Wierklechkeet ginn, ech zitéieren: „Um der Armut aktiv entgegenzutreten werden wir in der kommenden Legislaturperiode den Mindestlohn über die Anpassung an die Lohnentwicklung hinaus erhöhen“...

**(Interruption)**

...oder wann eng Proposition de loi Wierklechkeet gi wier, wou de Mindestloun soll mat 7% erhéicht ginn? Aus Sécherheetsbedenken, Här President, hunn ech den Numm vun där Partei, déi dat doten an hirem Wahlprogramm stoen hat, awer net genannt, mä ech kann lech awer verroden, et war net d'CSV, et war net d'DP, et waren net déi Gréng an et war och net den ADR.

**(Hilarité)**

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Wie bleibt dann do nach iwwreg, Här Jaerling?

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Et war am Fong déi Partei, déi onermiddlech ëmmer d'Wielerstëmme vum Salariat sammelt, also och déi vun de Mindestlounbezéier, andeem se hinne verspricht si géif eppes fir se maachen, wa se an d'Regierung kéim. Mä elo, net emol sechs Méint nodeem se an der Regierung ass, kënnt dann awer d'Wourecht un d'Dageslicht. Si huet déi Leit erëm hannert d'Liicht gefouert mat deenen hire Stëmmen si regelméisseg an d'Regierung kënnt. Keng Spuer vun enger Iwwerhéijung an och keng Fuerderung fir eng Iwwerhéijung iwwert déi normal Upassung eraus.

Här President, wa mer haut iwwert de Mindestloun diskutéieren, esou wëll ech d'Geleeënheet benotzen och iwwert de Wäert vun der Aarbecht iwwerhaapt hei am Land ze schwätzen. Also, wann ech den Här Kaes richteg verstanen hunn, dann huet hie gesot, de Mindestloun wär e gerechte Loun fir gerecht Aarbecht. Ech mengen, ech géif dat awer e bësse relativéieren, ech gesinn dat net esou.

Ech géif och dat Wuert „sozial“ beim Mindestloun ewechloossen, et ass einfach e Mindestloun, an ob e sozial ass, dat steet op engem anere Blat, well et muss een en ëmmer an d'Relatioun sette mat der Kafkraaft hei am Land, dat ass jo scho verschiddeleche gesot ginn, ob een iwwerhaapt nach mat deem Mindestloun, wou ee 50% muss dovun erausgi fir de Loyer ze bezuelen, liewe kann.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, well et ass och hei iwwert d'Frontalieré geschwat ginn, mat deem Mindestloun, deem se elo kréien, ob se hei am Land liewen, a Frankräich, an der Belsch oder an Däitschland, domat sinn se ëmmer nach keng Krösusen. Ech mengen, dat soll een och emol eng Kéier hei ervirsträichen. Et ass jo och esou, dass besonnesch mat deene Loyerer oder mat deene Baupräsidenter, déi hei am Land musse bezuelt ginn, mer souguer eis Leit, déi mam Mindestloun liewe mussen, och ëmmer méi zu Frontalieré maachen, well et ginn der ëmmer méi an d'Grenzgebiddere wunnen.

Da gëtt et niewent dem Mindestloun nach ee groussherzoglecht Reglement, dat den RMG iwwert deeselwechte Prozentsaz erhéicht. Ech wëll elo hei net falsch verstane ginn, ech stellen den RMG absolut net a Fro, well et ass eng ganz wichteg sozial Moosnam, mä ech maache mer awer Gedanken iwwert dee minimen Ënnerschied tëschent dem RMG an dem Mindestloun.

Et ass feststellen, dass, ech huelen ëmmer d'Beispill vun enger Famill mat zwee Kanner, wou kee schafft, déi Famill am Endeffekt méi behält fir ze liewe wéi eng Famill mat zwee Kanner an där ee mam Mindestloun schafft. Dat kënnt doduerch, dass den RMG esou opgebaut ass, dass all Member vun der Famill een Zouschoss kritt, dass all Member vun der Famill eng Valeur huet, während beim Mindestlounbezéier nëmmen deem, dee schafft, en direkte Revenu kritt.

Dat, well de Familljemindestloun, wéi Der lech gutt erënnere kënnt, ofgeschaf ginn ass. Mir haten nämlech an der Zäit e Familljemindestloun, wou och der Famill Rechnung gedroe ginn ass. Deen ass ofgeschaf gi mam Argument, dass den Employeur net verantwortlech ass fir d'Familljesituatioun vun engem Salarié. Bon, do kann een driwwer streiden.

Och wann déi Famill, an där ee fir de Mindestloun schafft, iwwert den RMG kann ee Complément ufroe fir datselwecht erauszekréie wéi een RMG-Bezéier, stëmmen d'Relatiounen awer nach ëmmer net. Deen, dee schaffe geet, a mer wësse jo, dass déi Salariéen, déi mam Mindestloun schaffen, meeschtens och nach ënner haarde Bedingunge musse schaffen, muss beim Sozialamt bidele goen, fir de Liewensminimum ze kréien.

Doduerch dass mer ee Complément RMG zum Mindestloun accordéieren, fir de gesetzleche Liewensminimum ze hunn, gi mer jo zou, dass de Mindestloun net duergelt fir ze liewen. Et ass net grad motivéierend fir déi Leit, déi fir de Mindestloun schaffe mussen, ze gesinn, dass anerer datselwecht kréien, ouni ze schaffen. Dat ass d'Realitéit, eng Realitéit, déi net normal ass.

Duerfir wär et un der Zäit déi Relatioun ze iwwerdenken an no Moyenen ze sichen, fir d'Aarbecht hei am Land opzewäerten. Mer wëssen, dass dat op Grond vun der Kompetitivitéit, déi ëmmer an de Raum gestallt gëtt, net einfach wäert sinn, mä ech halen awer drop, dass och hei deeselwechte Solidaritéitsgedanke vun der Ekonomie verlaangt gëtt wéi deem, deem ëmmer erëm vum Salariat gefuerdert gëtt, wann et heescht d'Kompetitivitéit ze stäipen.

Et duerf net méi sinn, dass Milliarde Benefisser öffentlech proklaméiert ginn, ëmmer erëm Steiergeschenker gemaach ginn an do derniewent déi, déi mat der Schafung vum Räichtum duerch hir Aarbecht bedeelegt sinn, weider nëmme mat Grimmelen ofgespeist ginn. Elo ass jo eng Partei mat an der Regierung, wou den A am Numm nach just konnt gerett ginn, dofir sinn

ech iwwerzeegt, dass déi Partei sech duerchsetze wäert an d'Aarbecht hei am Land opwäerte wäert, awer och well mer jo elo hei am Parlament zwou Fraktiounen bäikritt hunn, wäert et jo un Ënnerstëtzung net feelen.

Här President, wa gejaut gëtt de Mindestloun géif d'Kompetitivitéit a Fro stellen, da gëtt dat ëmmer esou generaliséiert. Et kann awer nëmmen déi Betriber eppes weider kaschten, déi nach Leit mam Mindestloun beschäftegen, an dat si Betriber am Commerce respektiv an anere mëttelstännige Secteuren. An déi kréie jo eppes Retour, ech mengen, dat ass schonn e puermol hei ernimmt ginn, wann hir Leit eppes méi an de Portmonni kréien. Well déi Leit, déi de Mindestloun verdéngen, brauchen net all Joer dräi Méint an d'Vakanz ze goe fir hir Sue lasszeginn. Déi ginn se hei aus.

A wa besonnesch an der Horeca nach déi meeschte Leit um Mindestloun schaffen an eng Erhéijung den Employeuren do Problemer mécht, dann ass dat, well se net wollte mat de Gewerkschaften e verstännege Kompromiss aushandelen. De Législateur huet misse Mindestnorme schafen, wou haut scho gewosst ass, dass dës erëm eng Kéier op Käsche vun de Salarié ginn an op Käsche vu kengem aneren.

Dofir, Här President, Jo zu dëser Mindestlounerhéijung, mä vu menger Säit aus mam klöere Message, dass d'Aarbecht hei am Land muss opgewäert ginn an dass mer eis där Diskussioun net dierfe verschléissen. An der Hoffnung, dass d'LSAP hiert Wahlversprechen awer nach realiséiere kann, well et komme jo an dëser Legislaturperiode nach zwou Mindestlounupassungen, kann ech den Accord vu menger Fraktioun gi fir dës Erhéijung vum Mindestloun.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, de François Biltgen. Här Biltgen, Dir hutt d'Wuert.

**(Interruption)**

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Ech ka se nëmmen eestëmmeg ginn, well ech sinn eleng.

**(Hilarité)**

**Une voix.** - Dat ass ee Virdeel.

**(Interruptions)**

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Jo, Här Jaerling, ech waarden awer gespaant op déi aner Meenunge vun Ärer Fraktioun, well ech wëll drun erënneren, dass ënnert där vieregter Chamber d'LSAP-Fraktioun effektiv een Antrag hei erabruecht hat fir méi an de Mindestloun ze setze wéi d'Regierung gefrot hat, an ech ka mech net erënneren, dass Är Fraktioun, déi deemools mat der LSAP an der Opposition war, dat massiv ënnerstëtzt hätt - dat just zu Ärer leschter Ausso.

**(Interruption)**

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer fir d'éischt...

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Ee Siwental war awer mat dobäi.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.** - Loosst elo den Här Minister schwätzen.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Jo, dee Siwental ass elo ee Fënnfelt ginn, et ass awer net besser ginn.

**(Hilarité)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosse mer emol fir d'éischt lech alleguer heibanne Merci soen, dem Rapporteur selbstverständlech als Eischten, well en a kuerzer Zäit souwuel e gudde schrëftlechen an e gudde mëndleche Rap-

port hei gemaach huet, mä ebenfals allen Orateuren.

Ech sinn eigentlech als Aarbechtsminister ganz houfrech, ech soen dat och gären dobaussen, dass een op esou engem Projet wéi deem heiten, dem Mindestloun, eng Unanimitéit an der Chamber kritt. Ech mengen, dass dat eppes ass, wat mer awer nach ëmmer sollen als Kredit vun der Politik zu Lëtzebuerg histellen, dass mer awer do e grouss sozialpolitesche Konsensus kréien an dass mer net wéi an anere Länner do grouss Clivagé just zu esou Projeten hunn. Duerfir och den Orateuren an de Fraktiounen ee Merci, dass se unanime hei wëlle stëmmen, wat ech jo hoffen.

Éier ech e bësselchen op d'Problematik vum Mindestloun aginn, wëll ech op e puer kleng Kritiken agoen, déi komm sinn iwwert den Dépôt vum Projet de loi an iwwert d'Zifferen. Et ass richteg, dass den Dépôt - wéi all Kéiers - ze spéit war. A wéi all Kéiers soen ech dann hei, dass et eppes mat den Zifferen ze dinn huet. Well nämlech d'Gesetz et esou virgesäit, dass déi Proposition, déi d'Regierung mécht fir de Mindestloun ze erhéijen oder och net, op engem Rapport fousst, deem d'IGSS mécht iwwert d'Evolutioun vun de Salairen am Land, an dee kréie mer traditionell eréischt am Laf vum Mount September, sou dass déi ganz Maschinnerie ëmmer spéit ugeet.

Ech hu festgestallt a mengem Dossier, dass ech awer en Avis commun hat vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, deem da vläicht nach net bei der Chamber ukomm ass, mä ech hat do en Avis commun, deem, dat iwwerrascht lech net, awer negativ ass, aus enger Partie Grënn, déi och schonn hei zitéiert goufen.

Zweete Problem ass selbstverständlech dee vun den Zifferen, wou ech och frou wär, wéi den Här Castegnaro gesot huet, wa mer méi Ziffere géife kréien. Mir wëlle jo och méi Étude maachen, mir brauchen effektiv méi genee Zifferen. D'UEL huet mech ugeschriwwen a sot, mir hätten dës Kéier net an eise Bericht vun der Regierung geschriwwen wéi vill de Relèvement vum Mindestloun géif d'Ekonomie kaschten. Dat kënne mer net maachen, well mer effektiv déi Zuel vu 46.300 hunn, mä dat sinn net onbedéngt d'Leit, déi de Mindestloun kréien, weder den net qualifizierten nach de qualifizierten Mindestloun.

Dat sinn all déi Leit, déi an enger gewëssener Forschett leien. Elo kann, muss awer net de Mindestloun nach do eng Répercussioun hunn oder net. Dat heescht mir kënnen déi reell Répercussioun vun dësem Gesetz op den 1. Januar à ce stade net soen, an ech wär dann och frou, wann all déi Étuden, déi mer nach wëlle maachen, och zesumme mat der IGSS, eis géifen e bësselche méi Elementer ginn.

Déi grouss Fro, déi sech stellt an der Diskussioun dobaussen, dat ass d'Relatioun zwësche Mindestloun a Kompetitivitéit. Ech mengen do gouf viles publizéiert déi lescht Zäit, an do wäerte mer och nach an Zukunft driwwer diskutéieren. Ech si just e bësse verwonnert, dass déi heftegst Oppositionen am Kader vu Kompetitivitéit ëmmer géint de Relèvement vum Mindestloun kommen. Aner politesch Décisiounen, déi och kënnen der Kompetitivitéit schueden, ginn awer ëmmer manner hefteg diskutéiert wéi de Mindestloun.

Ech froe mech och, awéiwäit dat net zum Deel domat ze dinn huet, et ass schonn hei ugeklungen, dass am Mindestloun ganz vill Frontalieré schaffen, an ech wëll guer net schwätzen, well ech eben d'Zifferen net hunn, wéi vill Netlëtzebuurger hei schaffen. D'Madame Loschetter ass e bëssen dovunner ausgaangen, déi Réäsidenten, dat wären der all, déi aus der Lëtzebuurger Schoul erauskomm wären.

■ **Mme Viviane Loschetter** (*DÉI GRÉNG*).- Ech wollt just op dee Problem agoen.

■ **M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Gutt, mā ech ginn nāmlech dovunner aus, dass hei ganz vill Résidenten och schaffen, déi als Immigrés era-komm sinn an déi keng Qualifika-tioun haten. Ech kann et just net beweisen, well mir déi Zifferen net hunn, mā et wär och gutt ze wesse wéi de Proporz ass bei de Rési-denten zwësche Lëtzebuerger, déi fir e Mindestloun schaffen, an Net-lëtzebuerger, déi fir ee Mindestloun schaffen, respektiv och beim Alter, ob et nēmmen Jonker sinn oder ob et och, wat ech awer ganz staark unhuelen, Leit sinn, déi net nēmmen Jonker sinn. Bon, also do misste mer nach e bësselche méi nofuer-schen.

Et sinn, wa mer iwwert de Mindest-loun schwätzen, zwou grouss Dis-kussiounen, déi kommen, wa mer d'Attacke kucke géint de Mindest-loun. Dat eng sinn Attacke géint de Prinzip vum Mindestloun selwer, an dat anert sinn Attacke géint den Ni-veau vum Mindestloun, an ech wëll déi zwee auserneen huelen.

De Prinzip ass, stellen ech fest, an dat ass nach all Kéiers esou de Fall gewiescht, dass gesot ginn ass: Mir brauche kee Mindestloun, dat soll dann d'Sozialpolitik maachen, an net - ech mengen den Här Kaes huet dat ganz dāitlech gesot, wat eis Meenung hei nach ëmmer war an och Gott sei Dank bleift -, dass de Mindestloun e Wāert huet u sech, an dass een och do net alles

nēmmen muss mat der Produktivitéit kucken, vu dass de Mindestloun och eng Relatioun huet zu der Dignitéit vum Mēnsch.

Ech si ganz frou, dass de Statsrot geschriwwen huet, «il approuve la décision du Gouvernement de reconnaître par une rémunération minimale la valeur du travail fourni et en même temps la dignité du tra-vail». Ech mengen, dat ass ee ganz wichtige Prinzip zu deem mir hei zu Lëtzebuerg stinn, an ech sinn och frou, dass deen hei beha-le gëtt.

Iwwregens, wa mer d'Theorië kuck-en, d'ekonomesch Theorien am Ausland, ass mëttlerweil de Prinzip vum Mindestloun net méi ëmstrid-den. Kuckt wat de Rapport Fon-tagné schreift, kuckt wat den Här Cahuc zesumme mam Här Zylber-berg schreift am Buch «Le chô-mage, fatalité ou nécessité?». Den Här Cahuc huet jo viru kuerzem bei der Privatbeamtenkummer hei ge-schwat. De Prinzip ass net a Fro gestallt, souguer d'OCDE stellt de Prinzip vum Mindestloun net a Fro.

Wat diskutéiert gëtt, dat ass den Niveau vum Mindestloun. Also sinn ech emol frou, dass déi Leit, déi fir de Prinzip vum Mindestloun stinn, Réckendeckung kréien. Leider hu mer dat um europäeschen Niveau nach net fäerdeg bruecht. Mir hunn nach net fäerdeg bruecht, de Prin-zip vun engem Mindestloun an de Sockel vu soziale Mindestrechter an Europa anzeschreiwen. Dat ass eis net gelongen, dat wollt d'Lëtze-buerger Regierung ëmmer, wa se dofir gekämpft huet, dat ass awer nach in weiter Ferne. A wann ech

soen, de Prinzip, da soen ech net den Niveau, dat wëllt net soen, dass jiddferen muss den Niveau vum Lëtzebuerger Mindestloun bei sech ausbezuelen. Mā dat muss awer soen, dass et iwwerall e Min-destloun gëtt.

De Problem, dee sech stellt, ass natierlech dee vum Niveau, a wann ech do zwou Statistiken huelen, ass et evident, dass Lëtzebuerg en valeur absolue den héchste Min-destloun an Europa huet. Zu Lëtze-buerg, an dat ass deen zweeten Tableau, deen ech awer wëll huel-en, läit de Mindestloun natierlech och relativ no am Tableau zum Risque de pauvreté relatif, dat heescht 60% vum Revenu mini-mum. Gutt, also et muss een déi zwou Saachen och ëmmer zesum-me considérerieren, wann een do-riwwer diskutéiert.

An déi dräi Haaptpunkten, déi ech wëll e bësselche mat lech duerch-goen, dat ass d'Relatioun zwē-schent Mindestloun a Kompetitivitéit, d'Relatioun zwēschent Min-destloun a Beschäftegung an d'Re-latioun zwēschent Mindestloun an Aarmut.

Mindestloun a Kompetitivitéit um makroekonomesche Plang, do wëll ech drun erënneren, dass de Sta-tec virun zwee Joer, wéi mer am Dezember 2002 hei d'Mindestloun-diskussioun haten, geschriwwen huet, dass makroekonomesch et esou ass, dass d'Evolutioun vun de Salairen eng Influenz op de Min-destloun huet, mā net l'inverse, al-so dat, dass gesot gëtt duerch d'Mindestlounerhéijung géifen d'Salaires elo explodéieren, huet

de Statec deemools widderluecht. En huet deemools gesot, 1% Min-destlounerhéijung bréngt eng Hausse vun de Salairen, vum Coût salarial moyen, vun 0,6%, dat ass keng grouss Evolutioun. Makroeko-nomesch solle mer eis also net do an déi Diskussioun beginn, well dat huet de Statec schonn d'leschte Kéier uerdentlech widderluecht.

Mikroekonomesch kann d'Situa-tioun sech endlech stellen, an dat bréngt mech zu der Diskussioun, Mindestloun an Emploi. Et ass ef-fektiv richtig, dass an engem Be-trib, deen zéng Leit huet, déi allen zéng um Mindestloun schaffen, eng Mindestlounerhéijung an deem dote Betrib selwer e relativ héije Käschtepunkt ausmécht. Dat ass e bësselchen déi Diskussioun, déi kënnt, déi natierlech och eppes domat ze dinn huet, a wat fir enge Secteuren de Mindestloun ausbe-zuelt gëtt, an dat sinn oft Secteu-ren, et ass schonn hei ugeklongen, wou eben d'Produktivitéit net ganz héich ass.

Ech wëll domadder deene Secteu-re kee Reproche maachen, mā et ass evident, dass et méi einfach ass iwwert de Mindestloun eraus-zegoe wann d'Produktivitéit méi héich ass, wéi wann d'Produktivitéit méi niddereg ass. Dat wäert och an Zukunft erklären, dass an dee-ne Secteuren ebe méi op Mindest-loun bezuelt gëtt, wäert och an Zu-kunft et erklären, dass an deene Secteure méi gejaut gëtt, wann de Mindestloun erhéicht gëtt, wéi net. Ech hunn awer festgestallt an deem Avis commun vun der Chambre de Commerce an der

Chambre des Métiers, dass hei eng grouss Solidaritéit tëschent dem Lëtzebuerger Patronat herrscht, fir géint d'Mindestloun-Augmentatioun ze schéissen.

Komme mer dann op d'Fro zrëck, déi de Rapport Fontagné opwërft, déi och den Här Cahuc opgeworf huet, dee seet, wann den Niveau vum Mindestloun ze héich ass, da spillt e géint den Emploi, wann en net ze héich ass, da spillt e fir den Emploi. Den Här Cahuc beweist a sengem Buch, dass an Amerika d'Aféierung vun engem Mindest-loun zum Beispill méi Leit op d'Schaff bruecht huet. E seet awer a Frankräich wär de Mindestloun ze héich, doduerch wär den Emploi do a Gefor, an dat ass och wat den Här Fontagné e bësselchen zum Lëtzebuerger Niveau seet.

Et ass och richtig, dat muss een einfach esou gesinn, dass wat méi Leit um Mindestloun schaffen, wat natierlech - dat seet den Här Fon-tagné - d'Gefor méi grouss ass, dass de Mindestloun méi héich ass wéi d'Produktivitéit. Dat muss een esou unerkennen, ech erkennen dat och esou un, ech soen awer och, dass een net dowéinst muss direkt elo alles op d'Kopp geheien. An et kommen nach e puer Iwwer-leeunge just zu deem doten Ele-ment dobäi.

Et ass jo och esou, dass de Statec vun der viregter Regierung nach beoptraagt gouf, eng Etüd ze maa-chen iwwer Mindestloun an Emploi, dat iwwregens opgrond vun en-gem Avis vum Wirtschaftssozialrot vun 2001 iwwert d'Roll vum Stat an



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition  
& Organisation
- Séances publiques  
& Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live



eiser Wirtschaft, an deem éischten Avis, ech géing elo soen, deem éischten, well deem ass nach e bësse rudimentaire, dee seet effektiv, dass de Mindestloun en Avis négatif op den Emploi hätt, ofgesi vun deene Jonken. Ofgesi vun deene Jonken, wat am Ausland iwwerall aneschtens ass, wou keng richteg Explicatioun do derbäi-komm ass, wou eng kéint sinn - ech kommen nach eng kéier op dee Punkt zrëck -, dass déi Jonk ënner 25 Joer keen RMG kréien. Dat weess ech awer net, dat alles steet am Raum.

Ech mengen, och do soll een sech net elo op deenen éischten Diskussiounen do ausrouen, mä et soll ee weidergoen, ëmsou méi dass ech emol e Géigbeispill ginn, wat och de Statec ausgerechent huet.

De Statec, mengen ech, seet a senger leschter Note de conjoncture, dass am Horesca-Beräich, an do si mer an engem Beräich vum Mindestloun, den Emploi an d'Luucht gaangen ass, doduerch datt mer een neit Gesetz gemaach hunn an deem Haus, wou mer d'Aarbechtszäit eigentlech verkierzt hunn an doduerch jo och de Coût salarial erop gesat hunn. Dat heescht, heiansdo kritt een och de géigendeelegen Effet. Dat heescht, wann dat stëmmt wat de Statec seet, dann ass duerch d'Gesetz, wou mer d'40-Stonne-Woch mat vill Flexibilitéit, mä d'40-Stonne-Woch agefouert hunn, méi Emploi entstanden an net Emploi verschwonne. Also, et muss een dat ëmmer am Detail kucken. Duerfir soen ech, si mer och nach laang net fäerdeg fir dat doten ze analyséieren.

Deen drëtten Punkt, deem natierlech wichteg ass, deem ass e puermol hei ugeklongen, dat ass d'Relatioun zwëschen sozialem Mindestloun an Aarmut, sozialem Mindestloun an RMG. Ech mengen, datt déi Diskussioun richteg ass, mir sinn amgaangen se ze féieren, ech wëll just nuancéieren. Entgéint deem, wat den Här Jaerling virdru gesot huet, ass et net esou, dass een, deem de Mindestloun verdéngt an eng Fra an zwee Kanner huet, manner kritt wéi een, deem net schafft an eng Fra an zwee Kanner huet, well deem iwwert den RMG ee Complément kann ufroen, fir och op deem doten Niveau ze kommen. De Problem ass, dass dat ee ganz komplizéierte Wee ass, dass vill et net maachen an dass a ville Käpp vun de Leit...

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech hunn dat net gesot, Här Minister.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Gutt, dann hunn ech lech falsch verstanen, mä den RMG ass schonn esou kalkuliert, dass déi doten Effeten net sollen Entstoen. Si entstinn awer an der Praxis, well dat eben och am Kapp vun de Leit net ëmmer esou funktionéiert a well dann heiansdo och, an esou Fäll begéine mer alt, Leit do sinn, déi soen, ma wuerfir soll ech elo nach fir do e bësselche méi Frange mech nach midd machen, wann dat anert och geet an ech ka mech hei an do ofmellen. Duerfir hu mer jo dauernd dat Gesetz och verbessert, och d'Kontroll verbessert a mir sinn nach amgaangen un deem ze schaffen.

Ech wëll just net, dass hei elo op eemol, well déi Fäll do sinn, géif eng Stëmmung entstoe fir ze soen elo muss den RMG ofgeschaaft ginn; mir musse just an d'Detailer goen. De Problem stellt sech virun allem bei deenen, déi Famillje-laaschten hunn, währenddeems bei de Jonggesellen sech dee Problem an deem Sënn net stellt. Den RMG ass zurzäit fir een, deem eleng ass, 943,78 Euro.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.**- Här Minister, entschëllegt, därerf ech lech un d'Zäit erënneren, déi fir d'Regierung virgesi war!

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Jo, wann Der mir se sot, dann halen ech mech och drun.

**(Interruption)**

Ech hunn nach keng rout Luucht.

**(Interruption)**

Ah, ech hunn eng rout Luucht, et ass gutt.

**(Hilarité)**

Do gesitt Der wéi séier, datt een eppes vergësst. Voilà, ech wäert da versichen op meng al Tugenden zrëckzekommen, déi ech hat wéi ech nach Minister vum Parlament war an ech wäert ganz séier hei, wann Der mir nach just zwou Minutte gitt, fäerdeg sinn.

Also, nach eng kéier, den RMG fir eng Persoun ass 943,78 Euro, de Seuil de risque de pauvreté läit bei 1.248,72 Euro an den neie Mindestloun läit bei 1.466,77 Euro. Do besteet also kee Problem, dass den RMG géint de Mindestloun spillt. Bei anere Situatiounen kann dat awer de Fall sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach ee Wuert, ier ech zur Konklusioun kommen. Ech gesinn awer absolut an, dass dat, wat den Här Calmes virdrun als Risiko hei ervirgehewen huet, nämlech dass duerch de Fait vun eisem héije Mindestloun an RMG zu Lëtzebuerg an dem niddrege Mindestloun an RMG am Ausland ronderëm eis, natierlech de Konkurrenzkampf zu Lëtzebuerg nach méi staark gëtt. Dat ass net auszeschléissen, dat muss ee wëssen.

Ech kommen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, zur Konklusioun. Ech wëll éischstens soen, hei ass kee Wahlgeschenk gemaach ginn, well hei hu mer 2% opgehewen, net méi an net manner, virun allem och net méi, an dat ass dat, wat an deene leschten zwee Joer déi, déi um Mindestloun geschafft hunn, net kritt hunn, a wat all déi aner an der Moyenne kritt hunn; a vill hu jo nach vill méi kritt.

Zweetens, mir musse wëssen, dass mer een Héichlounland sinn a mir mussen och wëssen, dass mer een Héichlounland bleiwen. Dat heescht och, dass d'Produktivitéit an d'Plus-value wichteg sinn. Mir mussen dann och selbstverständlech wëssen, dass mer doduerch e Problem och kréie bei eisem Emploi vun deenen net Qualifizéierten, dass mer och ee Problem kréien am Chômage. Ech soen dat ëmmer erëm, dass dat eng vun deenen Ursaachen ass.

Ech soen op där anerer Säit, dass fir mech awer d'Solutioun dovunner net ka sinn, dass mer zum Beispill de Mindestloun halbéieren. Wa mir elo géifen de Mindestloun halbéieren, da kann ech lech garantéieren, dass Aarbechtsplazen entstinn. Da gitt Der erëm bei d'Tankstell an dann hutt Der een, deem lech d'Fënster botzt, elo botzt Der se selwer. An da gitt Der an d'Geschäfte an da stinn iwwerall bei de Regaler Leit, déi lech dat an de Grapp ginn.

Ech weess awer net, ob dat d'Zukunft vu Lëtzebuerg ka sinn, dass mer en Niddreglounland ginn an dass mer ganz vill onproduktiv Aarbechtsplaze schaffen. Wat wichteg ass, dat ass, dass mer jiddferengem, ob e vill Qualifikatiounen huet oder net, ob e produktiv ka schaffen oder net, mä dee Moment wou e wëllt schaffen, dass mer deem eng Chance ginn och eng sënnvoll Aarbecht ze maachen.

Dat bréngt mech dozou ze soen, éischstens dass mer sollen dat Gesetz vun de Beschäftigungsinitiativen fäerdeg maachen, soubal de Statsrot do ass, well mir brauchen an Zukunft Beschäftigungsinitiativen, just weinst deenen dote Leit.

Zweetens wëll ech och soen, dass mer net wéi am Ausland sollen dohinner goen an soen, du schaffts fir een Apel an ee Stéck Brout an du kriss Sozialhëllef, mä dass mer dat solle maachen, wat mer bei den

Handicapéierten, dat ass jo ugeklongen, schonn hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, mir gi keng Subvention au salarié, mir ginn eng Subvention à l'employeur. De Salarié, den Handicapéierte kritt ee Kontrakt mat sengem Employeur an e kritt de Mindestloun garantéiert. Den Employeur kritt eng Subventioun vum Stat, well en eben een hei astellt, dee manner produktiv ass. Et ass op dee Wee, wou mer och wëlle bei Beschäftigungsinitiative goen. Ech mengen, dat ass dee Wee iwwert deem een och Leit, déi manner produktiv sinn, kann hëllef, net nëmmen an de Beschäftigungsinitiativen, mä och um éischten Aarbechtsmaart. Dat sinn déi Diskussiounen, wou mer wëllen a solle weidergoen.

An dat bréngt mech zum drëtten Schluss, dat ass fir ze soen, dass mer de Mëtten ufänken och an der Tripartite iwwert d'Kompetitivitéit ze schwätzen. Ech mengen, do gëtt et ganz vill Méiglechkeeten, déi mer kënnen maachen, fir op déi Froen ze äntwerten, déi hei verschidden Deeler vum Patronat opgeworf hunn, ouni dass mer awer dat maachen, wat si gären hätten, nämlech de Mindestloun net ze adaptéieren. Duerfir sinn ech ganz frou, dass Der unanime elo wäert fir d'Adaptatioun vum Mindestloun stëmmen.

Här President, ech entschëllege mech fir déi dräi Minuten, déi ech ze laang geschwat hunn.

**M. le Président.**- Merci, Här Minister. Et war ganz interessant, mä et war wierklech e bësselche laang.

**(Interruptions et hilarité)**

Ech wär frou, wa mer eis elo erëm géifen un d'Spillregelen halen, déi mer eis selwer ginn hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales.

**(Interruption)**

Pardon, et ass nach net dee Projet, mir kommen elo zum Projet de loi iwwert d'Adaptatioun vun de Renten a Pensiounen, dat ass de Projet de loi 5401. D'Riedezäit ass och hei nom Modell eent festgeluecht, dat wëll ech rappeléieren, an ech denken och, datt d'Regierung dat esou gesäit. Et sinn ageschriwwen bis elo: den Här Meyers, den Här Bettendorf, den Här Bausch an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

**Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dem Gesetz no examinéiert d'Regierung all zwee Joer, ob et muss, soll oder net soll zu der Revisioun vum Facteur d'ajustement vun de Pensiounen an Onfallrente kommen. Dee leschten Ajustement war den 20. Dezember 2002, do goug et drëm fir ze kucken, ob eng Upassung un den Niveau de vie vun 2001 sollt oder misst kommen. Déi Fro ass mat Jo beäntwert ginn an den Effet vun deem Ajustement war dann och op den 1. Januar 2003.

Elo geet et also ëm eng Upassung vun de Pensiounen a vun den Onfallrenten un de Liewensniveau vun 2003, an zwar vum 1. Januar 2005 un. An deem Zesummenhang wëll

ech och nach eng kéier rappeléieren, dass mer zënter dem Ajustement vun 1995 en Indicateur unique hunn an deem Indicateur unique ersetzt déi zwee Indicateuren, déi mer bis 1992 haten, fir respektiv d'Pensiounen an de Salaire social minimum ze adaptéieren.

Deen Indicateur unique, dee mer elo hunn, moosst also d'Progressioun vun de Salairë bis zu enger Erhéijung vu maximal dem Siwefache vum Salaire social minimum, an dobäi sinn och d'Revenuen iwwert d'Replacement an d'Gratificatiounen.

Elo huet et sech dann erausgestallt, dass d'Evolutioun vun de Salairen esou ass, dass se an enger Progressioun sinn, an zwar ëm 2% vun 2001 op 2003 hin. En conséquence gëtt dann de Facteur d'ajustement och vun 1,301 op 1,327 ugepasst, an zwar vum 1. Januar 2005 un.

De Coût vun deem Ajustement vun de Pensiounen wäert sech eleng fir den Exercice 2005 op 41 Milliounen Euro belafen, dat ass ee Coût supplémentaire, dee vun der Assurance pension gedroe gëtt. De Coût fir den Ajustement vun den Onfallrente beleeft sech op 2,9 Milliounen Euro. Hei ass, esou wéi et virgesinn ass am Artikel 100, Ali-néa 6 vum Code des Assurances sociales, een Drëttel à charge vum Stat an ass zwee Drëttel à charge vun der Association d'assurance. Ausserdeem hält de Stat en charge, iwwert de Fonds d'orientation agricole, zwee Drëttel vun deem wat bleift beim Ajustement vun den Onfallrente vun der Section agricole. An d'Charge fir d'Association d'assurance beleeft sech dann nach op 1,9 Milliounen Euro, déi vum Stat op 1 Millioun Euro.

Den 8. Januar 1996 gouf et e Gesetz wou modifizéiert a kompletéiert ginn ass ënner anerem d'Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Régime vun den Traitementen vun de Fonctionnaires vum Stat, esou dass den Ajustement vun de Pensiounen a vun de Rente sech och applizéiert op d'Fonctionnaire vum Stat.

Ech résuméieren dann nach eng kéier: Opgrond vun der Augmentatioun vun de Salairen ëm 2% tëscht 2001 an 2003 gëtt de Facteur d'ajustement, deem de Rapport tëscht Salaire moyen vun 2003 an 1984 representéiert, ugehewen op 1,327%. Am Moment ass dës Faktor 1,301%, ech mengen dat géif deck duergoen. An en vertu vun deem Artikel 100 vum Code des assurances sociales, deem ech scho genannt hunn, applizéiert sech deeselwechte Faktor och op den Ajustement vun den Onfallrenten.

Zu deem Moment wou d'Kommissioun hire Rapport gemaach huet, hate mer den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, well, wéi mer wëssen, dat Ajustementsgesetz ëmmer ganz kuerzfristeg an d'Chamber komme muss, esou dass déi aner weinst deem kuerzen Délai net d'Méiglechkeet hatten, hiren Avis ofzeginn. E wier awer positiv gewiescht, wa mer e kritt hätten. Datselwecht göllt och fir den Avis vum Statsrot vum 7. Dezember 2004, also ganz rezent, deem och keng Observatiounen huet an deem dofir säin Accord gëtt, an datselwecht wëll ech fir meng Fraktioun maachen.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Madame Mutsch. Als éischte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice vun deem Projet, der Madame Mutsch, villmoos Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftlechen Rapport, déi ausféierlech Be-

schreiwung vun dem Ajustement an der Motivatioun och vun deem Gesetz a vun dem Ajustement am schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Ech erlabe mir dann och, méi kuerz ze sinn a menger Interventioun a mech un déi Riedezäit ze halen, déi ech hei virgeschriwwen kréien, ouni dass ech vum President muss e Rüffel astiechen.

**M. le Président.**- Oh, Här Meyers, Dir hutt sou vill Riedezäit. 34 Minutte stinn lech zur Verfügung. Dir sidd fir 15 ageschriwwen, also Dir kënnt lech roueg Zäit loossen.

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).**- Merci, Här President. Da kann ech also méi lues schwätzen.

**(Hilarité)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ajustement vun de Renten a Pensiounen baséiert op dem Artikel 225 vum Code des assurances sociales, deem der Regierung virschreift, all zwee Joer eng Etüd ze maachen iwwert d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter an deem der Regierung imposéiert, der Chamber doriwier e Rapport ze maachen, a wann dat eng positiv Entwécklung ass, fir der Chamber dann och e Gesetzesprojet virzeleeën.

D'Pensiounen an d'Rente ginn also iwwert d'Indexupassung eraus, all zwee Joer wa méiglech a wann d'Lounentwécklung dat ausweist, un déi allgemeng Entwécklung vun de Léin a Gehälter ugepasst, an et gëtt en neie Facteur d'ajustement am Gesetz ageschriwwen. Wa mer deem Artikel liesen, stelle mer eigentlech fest, dass et dräi Punkte ginn, déi och missten an deem Rapport an och an den Diskussiounen vun der Chamber zrëckbehalen an analyséiert ginn.

En éischte Punkt ass deem, dass den Ajustement festgesat gëtt duerch Gesetz. Et ass keen Automatissem. D'Upassung vun de Pensiounen, den Ajustement geschitt net iwwer e Règlement grand-ducal oder iwwer eng einfach Décision administrative. De Gesetzgeber war schonn ëmmer der Meenung, dass dat esou eng wichteg Décision war, dass se an d'Chamber gehéiert an dass hei iwwert déi do Mesure soll diskutéiert ginn, zesummen och mat der Erhéijung vum Mindestloun.

Dat kann een och erklären aus de Konsequenzen, déi sech aus dem Ajustement erginn, well den Ajustement bréngt fir d'Pensiounskeesen an och fir de Stat zousätzlech Käschte mat sech, a mir wësse jo opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung, dass all zousätzlech Käschten...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.**- Entschëllegt, ech wollt rappeléieren, datt et net Usus ass, hei am Plenum Fraktiounssitzungen ofzehalen. Ech géing lech bieten, dem Här Meyers nozelauschteren.

**Une voix.**- Ech ginn lech Recht.

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).**- ...dass opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung fir all Dépenses, déi op de Budget vum Stat zoukommen, dat ass hei de Fall fir d'Upassung vun de Pensiounen beim Stat, muss e Gesetz gemaach ginn. Derniewent muss een och soen, dass et hei eng wichteg Kontrollfunktoun vun der Chamber ass, fir och ze gesinn, dass déi Mesuren, déi d'Regierung proposéiert, och am Sënn vun der bestehender Gesetzgebung sinn. D'Chamber erfüllt also hei eng vun de wichtige Funktiounen, déi hir opgrond vun der Verfassung zoustinn.

Een zweete Punkt, deem den Artikel 225 virgesäit, dat ass deem, dass den Ajustement geschitt opgrond vun der Lounentwécklung, der Entwécklung also vun de Léin a